

Wien as dergéint?

Et as keen Zweifel, dass déi grouss Majoritéit dofir as. Domat as d'Motioun 2 ugeholl.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4460 iwwer de Bau vun enger Cité judiciaire um Hellegeschplateau.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Mosar, Rippinger, Greisch, Henckes, d'Mme Wagener an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean Schiltz.

### 3. Projet de loi 4460 relatif à la construction d'une Cité judiciaire au plateau du Saint-Esprit à Luxembourg

*Rapport de la Commission des Travaux publics*

M. Jean Schiltz (LSAP), rapporteur - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären.

De Projet, em deen et sech hei handelt, as e Projet, dee scho laang an der Diskussioun as an dee leschten, deen nach eng Kéier schrëftlech esou wéi och mëndlech drop higewisen huet, datt eis Gerichter eng gutt Aarbecht leeschten, an datt eis Justiz, esou wéi mir se kennen, fundamental stabil as, mä dass, fir der Justiz hir Aarbechtskonditiounen ze verbesseren, de Bau vun der Cité judiciaire eng Noutwendegkeet wir, déi esou schnell wéi méiglech sollt realiséiert gin, dat wor de Lucien Weiler a séngem Rapport iwwer d'Lëtzebuerger Justizwiese vum 17. Abrëll 1998.

Den 20. August 1998 huet de Bauteminister Robert Goebbels e Projet de loi iwwer de Bau vun enger Cité judiciaire um Plateau vum hellege Geescht déposéiert.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Den 10. November huet de Staatsrot säin Avis ofgin an duerno as de Projet a verschiddene Sitzunge vun der Commission des Travaux publics behandelt gin, déi mech zum Rapporteur bestëmmt huet. An der Sitzung vum 2. März 1999 as mäi Rapport ugeholl gi mat enger Enthaltung vum ADR.

Fir d'éischt well ech alleguer dene merci soen, déi mer gehollef hun dëse Rapport zesummenzestellen, dem Sekretär vun der Kommissioun, dem Responsable vun den Travaux publics, dem LSAP-Fraktiounssekretär, Daniel Da Cruz esou wéi dem Procureur général, deen ëmmer bereet war, méng Froen ze beäntweren, an dee gesot huet, dass déi Responsabel vun der Justiz bei der Ausschaffung vum Projet derbäi woren, hiren Input konnte gin, a wou hiren Doléancen esou wäit wéi méiglech Rechnung gedroë gin as, fir dass dëse Projet hire Besoinen entsprécht, an dass si mat dësem Projet voll zefridde sin.

Eier mer deen neie Projet méi am Detail kucken, sollte mer awer kuerz analyséieren, wou d'Justizgebaier haut sin an Dir wäerd och kënnen feststellen, dass eng nei Bleif sech förmlech opdrängt.

Op der Nummer 12 am Eecher Bierg sin d'Cour supérieure de Justice an de Parquet général. D'Haus Moll, dat un dëst Gebai stéisst, huet den Tribunal de la jeunesse et des tutelles an hei as och de Concierge ënnerbruecht. De Service vun den Ausféierunge vun de Strofen, dee vum Parquet général ofhängt, as am Haus d'Huart an der Rue du Nord ënnerbruecht. D'Friddensgeriicht as op der Nummer 19 vun der Nordstrooss installéiert. Dat hënnescht Gebai vum Friddensgeriicht as vum Service de la jeunesse besat a beinhalt och nach Enquêtesall vum Friddens- a vum Beziirksgeriicht.

De Palais de Justice as de Sëtz vum Beziirksgeriicht a vum Parquet vu Lëtzebuerg. Deen alen Hôtel de la Monnaie as renovéiert gin deels fir den Ordre vun den Affekoten, deels fir den Tribunal d'arrondissement. De Service central d'Assistance as viru Joren op de Boulevard Royal an de Forum Royal transféréiert gin. Een aneren Deel vum Beziirksgeriicht as op de Krautmaart op Nummer 8 komm a schlussendlech as de Register vum Etat civil amgaang an d'Avenue Monterey ze plënnere an de Monterey Palace.

Wéi Dir heibäi kënnt feststellen, sin dës Gebaier schéi verspreet an een, dee se kennt a kucke wor, ka feststellen, datt dat al Gebai sin, déi sougutt wéi méiglech gefleegt sin, mä denen heitege Besoinen nët méi gerecht gin. Dass hei déi heiteg Technik heiansdo feelt oder nogebaut as, léisst - wéi Der Iech kënnt virstellen - éischens d'Bauten nët besser ausgesinn an zwetens gin d'Aarbechtsbedingungen heiduerch doudsicher nët verbessert.

Vum Point de vue Sécherheet as guer nët ze schwätzen. Ech ka mech erënneren, ech hun de Procureur général eng Kéier besicht an et war näischt méi einfach wéi bei hien ze kommen an hie sot: Bestëmmt as et a kengem Land esou einfach, fir bei e Procureur général ze kommen. Mä och vum Point de vue Transport vun den Häftlingen an de Gerichtssall an och erëm eraus, as et schwéier hei déi néideg Sécherheet ze garantéieren. Weider muss ee bedenken, dass dës Raimlechkeeten nët fir Gerichtszwecker gebaut gi sin an dofir och d'Funktionalitéit ze wënschen iwwreg léisst.

Zum Beispill as d'Haus am Eecher Bierg Nummer 12 d'Gesellenhaus vum Bistum gewiescht. Et wor gebaut gin, fir d'kathoulesch Verbänn ënner Daach ze bréngen wéi zum Beispill d'Jec-Joc an esou weider an do, wou haut de Sëtzungssall as, wor de Kinossall geduecht. De Stat huet dem Bistum d'Gebai ofkaaft an do komm d'Cour de Justice européenne dran, duerno d'Cour supérieure, mat sénge Services annexes an am Ganzen 366 Leit. Den Tribunal wor de Palais vum Gouverneur, a well deen nët oft do war, konnt dee Bau och fir aner Zwecker gebraucht gin.

1839, wéi d'Trennung vun der Belsch komm as, hu mer eis éischt national Gerichtsstrukturen eréischt kritt an 1842 eng selbstänneg Verwaltung. Dat hei as och dat éischt Gebai, dat an der Stad Lëtzebuerg speziell fir d'Gericht gebaut gët. Dat anert wore bis elo elanter ëmfunktionéiert Haiser a Gebaier. An der Mëtt vum 19. Jorhonnert as zu Dikrech speziell fir d'Gericht e Bau opgeriicht gin, an hei gesäit een direkt d'Differenz, dass dat den

Uspréich no gebaut as an doduerch vill méi funktionnell as.

Schon de 15. Juli 1988 hat den deemolege Justizminister der Regierung duerch e Bréif matgedeelt, fir nei Raimlechkete fir d'Justiz ze schafen. Ech zitieren aus dem Exposé des motifs:

“ Finalement je voudrais relever que le prestige dont doivent pouvoir bénéficier les autorités judiciaires, exige que l'Etat mette à leur disposition un palais de justice moderne et fonctionnel, leur permettant de remplir à la satisfaction générale la mission leur confiée par la constitution et les lois de l'Etat.”

Duerno huet de Conseil de Gouvernement sech de 25. Oktober 1995 entscheed, der Justiz op enger prestigieiser Plaz nei Raimlechketen ze schafen. Schlussendlech as de Site vum Helleggeeschplateau zréckbehale gin. Fir wat grad den Helleggeeschplateau?

Aner Siten, déi a Fro komm wäre wéi zum Beispill d'Stäreplaz oder de Plateau vum Kiirchbiereg sin aus dene verschiddenen Ursaachen nüt zréckbehale gin, ënner anere, well déi dräi Pouvoiren - d'Chamber, d'Regierung an d'Justiz - zentral an esou no beienee wéi méiglech solle geleë sin, fir dem Public et esou einfach wéi méiglech ze maachen, fir mat der Justiz ze schaffen. D'Fläch wou et drop ukënnt um Helleggeeschplateau bedréit 1 ha, 79 a a 66 ca. De Kiirchbiereg war nüt zentral genuch geleë gewiescht an op der Stäreplaz war et schwéier gewiescht esou e kompletten Areal zesummenhängend ze erschleissen.

Nodeems d'Chamber de Gedanke fir en neit Chambersgebai um Plateau vum hellege Geescht ze bauen nüt méi oprechterhalen an dëse Plang opgin huet, fir d'Chamber do ze loosse wou se as an déi ze renovieren an aner Gebaier ze erschleissen a mat an de Fonktionnement eranzehuelen - wat mat de Gebaier Richard a Printz geschitt as - wor kee Projet méi, dee sech hei opgedrängt huet, fir hei ze realisieren. Dat eenzelt, dat realiséiert gin as, war den ënnerirdesche Parking an de Lift an de Gronn. Bauten, déi dëse Projet nüt verhiirmeren a souguer deelweis kënnen ergänzen.

Duerno huet d'Fro sech gestallt, wat fir eng Struktur een deem Ganze soll gin, sief et en eenzege risege Pronkbau wéi zum Beispill zu Bréissel de Palais de Justice, oder soll een ob op de Wee goen, fir eventuell eng Cité judiciaire ze bauen wéi dat och am Ausland schon de Fall as, notamment zu Nanzeg, zu Bordeaux an - fir nüt méi wäit ze goen - zu Arel, wou gutt Erfahrungswärter erauskomm sin. Hei kann ech och de Consultingbüro Berenschot an Osborne, deen d'Pläng déi ganz Zäit begleet huet, zitieren, deen a sänge Konklusioun festhält:

“ La justice représente le 3e pouvoir de l'Etat après le pouvoir exécutif et législatif. Les bâtiments doivent représenter ce pouvoir. Cependant, l'image que les magistrats veulent faire passer au public est une justice plus humaine et plus démocratique tout en travaillant avec sérieux, objectivité et application. L'idée de “Cité judi-

ciaire” a pour but de rapprocher la justice du citoyen par des bâtiments qui sont moins imposants.”

Hei gesitt Der, dass d'Idee as, fir d'Leit nüt nach méi ofzeschrecken, well déi meescht op jidde Fall, déi eppes mat der Justiz ze din hun, fille sech nüt terribel à l'aise, a wann se dann och nach mussen an esou e risege Pronkbau, da kann ech mer virstellen, dass dat een nach méi opreegt. Ech mengen, hei kann een d'Regierung nëmme félicitéiere fir dee Choix, dee se gemaacht huet, och well hei en Areal zur Verfügung steet, dat et erlaabt esou eng Cité ze bauen.

Aus wat an aus wéivill Baute besteet dann elo dës Cité judiciaire? Wéi scho bemierkt besteet se aus 8 Unitéiten. 8 verschidde Gebaier, déi méi oder weiniger, fir an d'Stadbild ze passen, openeen ofgestëmmt sin. Hei gi Gebaier imitéiert awer nüt kopéiert. Et sin dat:

- d'Cour supérieure an de Parquet général

- den Tribunal d'arrondissement

- de Parquet vum Tribunal d'arrondissement

- d'Friddensgeriicht

- d'Jugendgeriicht

- de Service vun der Assistance sociale

- Openthaltsraum

- an den Tour des vents, dee schon am Virfeld fir vill Opregung gesuergt huet a wou ech spéider nach wäerd drop ze schwätze kommen.

Dës Gebaier alleguer kommen op de Plateau vum hellege Geescht, wouvunner - wann een dat ka soen - de Palais vun der Cour supérieure den Élément-clé as, deen och e bëssche méi pompös wierkt, a wou d'Cour an de Parquet drakommen, déi zwou héchst Instanze vun eiser Justiz.

An déi al Kasär, déi transforméiert a vergréissert gët, kënn den Tribunal. Verbonne mat enger Galerie zu dësem Gebai, kënn zur Säit vum Hang de Parquet. Op déi südlechste Säit vum Plateau kënn d'Friddensgeriicht. Lénks dovunner kënn an een éischter bescheident Gebai, dat enger Villa gläicht, d'Jugendgeriicht. Tëscht dem Gebai an dem aktuelle Lift, deen an de Gronn erofgeet, kënn de SCAS (Service central d'Assistance sociale). Vu dass hei dee meeschte Public hikënn, sin dës Raimlechketen deemno ausgestatt.

D'gemeinsam Raim fir d'Affekoten an d'Riichter sin am Gebai direkt nieft der Cour. Doniewent sin hei och d'Archiven, d'Computerraim, d'Bibliothék mat engem Liessall, de Formationssall an d'Administratioun mat der Telefonszentral an enger Dénkschtwunneng.

Fir dat Gebai, wou momentan de Lift dran as fir an de Gronn, besser an den Ensembl ze integréieren, hun d'Architekten - iwwregens zwee Lëtzebuerger, d'Bridder Krier, fir se nüt ze nennen, déi hir Sporen am Ausland scho verdéngt hun a fir déi et hei am Land awer deen

éischte gréissere Projet as - hei en Tour genannt Tour des vents agebaut, fir d'komplett Bild vum der Stad an désem Deel ze vervollstännegen. Dësen Tour huet eng Héicht vu 37 Méter mat uewen drop enger Plattform. Vun där Plattform aus huet een eng eenzegaarteg Vue op d'Stad an d'Émgegend. Dëst misst e weideren turisteschen Atout si fir d'Stad Lëtzebuerg. Desweidert gëif dësen Tour och dee Pavillon ersetzen, wou haut de Lift dran as, wou een net ka vun engem architektonesch wäertvolle Bau schwätzen.

Desweidert beinhalt de Projet e Parking vu 440 Plazen, déi op 4 Niveauë verdeelt sin. Dëst as d'Verlängerung vum aktuelle Parking ënner dem Hellegeeschplateau. Dräi Niveauë vun deem Parking si fir d'Magistratur, d'Personal an d'Affekote geduecht. Dee 4. Niveau as fir d'Privatleit reservéiert. Dëse Parking - deen um 4. Niveau - huet d'Afaart bei deem bestoende Parking vum hellege Geescht.

De Parking fir d'Justiz as ze erreechen iwwer de Boulevard Roosevelt op der Héicht vum Tunnel, wou och eng nei Entrée muss gebaut gin. Dëse Punkt huet an der Kommissioun zu verschiddenen Diskussiounen gefouert, mä hei as eis vum Vertrieeder vum Stat verséichert gin, dass déi Entrée an Zesummenarbecht mat de Ponts et Chaussées an der Gemeng Lëtzebuerg geplangt gi wir, an dass ee weider keng Problemer gesinn hätt.

Weider sief bemierkt, dass d'Energiezentral, déi hei gebaut gët, esou dimensionnéiert gët, dass se spéider nach aner Gebaier, déi am Quartier sin, ka mat Energie versuerge. Dat as och scho bei der Renovéierung vun den Haiser Printz a Richard festgehale gin.

Wat seet de Conseil d'Etat zu deemem Projet? Bis op e puer kleng Propositionen steet en deemem Projet positiv gëntliwwer. Eng Haaptremarque, déi de Staatsrot gemaacht huet, wor, dass déi Raimlechketen ze kleng wieren. D'Magistrat wiere scho bei 52 Persounen ukomm an nëmmen 29 Plaze wiere virgesinn.

Dat kommt direkt gekläert gin, well d'Vertrieeder vum Stat eis gesot hun, dass e Feler an dem Exposé des motifs wir, an d'Kommissioun en neien, verbesserten Exposé des motifs gëif kréien. Dat as geschitt, a jidderes konnt feststellen, dass d'Notzungsflech vun 31.070,5 m<sup>2</sup> op 39.738 m<sup>2</sup> eropgaangen as. Den Detail dervu fant Der a mëngem schriftleche Rapport. Dës Fläch erméiglecht och, dass an dem bestehende Projet eng Reserv vu 25% mat ageschloss as. Sollt dat net duergeen, well et kann een d'Entwécklung vum Geriicht ni virausgesinn, esou kennt een op déi Haiser zréckgräifen, déi momentan vun der Chamber benotzt gin, an der Justiz zur Verfügung stellen, selbstverständlech eréischt wann d'Haiser Richard a Printz färdiggestallt sin.

Laangfristeg kann ee festhalen, dass de Staatsarchiv, deen net wäit ewech as, an iergendwéi och eng Kéier ze kleng wärd gin an nei gebaut wärd musse gin, dann eventuell zu Justizzwecker kennt benotzt gin.

Wat wichteg as, dat as, dass de Staatsrot sech net der Finanzéierung duerch d'Loi de garantie widdersezt. E

mécht jhust eng Bemierkung iwwer den Artikel 3 vum Gesetz, wou et iwwer d'Zurverfügungstelle vum Terrain, fir ze bauë geet.

D'Kommissioun dréit deem net Rechnung a proposéiert den Artikel 3 a sénger urspringlecher Teneur bäizebehalen, well doduerch dass de Staatsrot fir d'Formule vum der Location-vente as, wéi duerch d'Gesetz vum 13. Abrëll 1970 virgesinn, esou schéngt et nëmmen normal, dass de Bauhär, dee par la force des choses e private Promoteur as, en Droit de superficie op den Terrain huet, fir ze vermeiden, dass hei e private Bauhär op friemen Terrain baut. D'Alternativ wir natüerlech, dass de Stat et selwer direkt iwwer de Budget gëif finanzéieren, zum Beispill iwwer d'Ophuele vum engem Emprunt. Dofir gouf den Artikel 3 a sénger urspringlecher Form bäizebehalen.

Da kennt den Titel, wou de Staatsrot bemängelt huet, datt bei St-Esprit, Saint net ausgeschriwwen wir. D'Kommissioun hat do kee Problem. Mir as opgefall, dass am Titel "cité" mat "ée" geschriwwen war. Ech gin dovun aus, dass dat der Saach keen Ofbroch wärd din, a mir an eiser Geschlossenheet dat kënne verbessern an unhuelen, well am Text ënnendréiner as et schon erëm richtig geschriwwen, jhust dass "cité" do kleng geschriwwen as, a "cité" normalerweis soll grouss geschriwwen gin.

Am Artikel 1 steet: "Le Gouvernement est autorisé à procéder à la construction d'une Cité judiciaire sur le Plateau du Saint-Esprit à Luxembourg." Do hätt de Staatsrot gär, wa gëif do stoen "à faire procéder", woumat d'Kommissioun kee Problem hat.

Am Artikel 2 proposéiert de Staatsrot den Abschnitt iwwer d'Finanzéierung duerch d'Loi de garantie bäizefügen. Hei hat d'Kommissioun an hire Majoritéit och kee Problem, fir dat unzuhuelen.

Zum Artikel 3 hun ech mäi Kommentar gin, an deem Artikel gët a sénger Integralitéit bäizebehalen.

De Kaschtépunkt vun där Cité as no Devis 3,970 Milliarden, ouni déi gesetzlech Haussen, déi en cours de route bis zum Enn vum Chantier kënnen anrieden.

De Budgetminister huet den 12. August 1998 e positiven Avis zu deemem Projet gin.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun sief nach festgehale, dass do bestäet gin as, dass esou wéi d'Justiz och d'Affekoten un der Ausschaffung vun deemem Projet bedelegt woren. Weiderhin sief gesot, dass d'Affekoten appropriéiert Raimlechketen zur Verfügung kréien, an net méi während enger Interruption de séance sech mat hire Clienten op dem Gank mussen ënnerhalen, wou ee keng confidentiel Gespréicher ka féieren.

Du point de vue vum Transport an der Sécherheet vun den Häftlinge sief gesot, dass de Gefaangenen-transport an d'Tiefgarage fiert, de Gefaangenen aus dem Auto an de Lift gesat gët an direkt am Geriichtssaal erauskomm, wat vill manner geféierlech as souwuel fir den Häftling wéi fir säi Begleeder.

Ee Kommissiounsmitglied huet och gefrot, fir e gewëssene Prozentsaz der Konscht op dëser Plaz ze garantéieren. Doropshin huet de Vertrieeder vum Stat gesot, dass 15 Milliounen dofir virgesi wieren, wat nët grad näischt wir, wouropshin en anere Member gemengt huet, et kennt een och d'Tour des vents als Konschtstéck betruechten.

D'Vertrauen an d'Justiz as d'Reckgrat vun enger Nation. All Gesellschaft benéidegt eng Justiz déi Fräiheet, Onofhängegkeet an Effikassitéit garantéiert.

D'Erwaardunge vun de Buerger un d'Justiz si klor definéiert, verständlech, liicht zougänglech, schnell a gläich fir se all.

An der Regierungserklärung vun 1994 huet d'Regierung festgehalten, fir de Fonkctionnement vun der Justiz besser a méi schnell ze garantéieren, d'Aarbechtsbedingungen ze verbessern a schlussendlech eng nei Cité judiciaire ze bauen.

Et brauch een nëmmen ze kucken, wéi de Volume vun den Affären an d'Luucht gaangen as, fir ze verstoen, datt nët nëmmen d'Justiz a sech, mä och de Volume un Aarbecht nët mat deem vu fréier ze vergläichen as. E puer Zuele jhust, fir dat ze beleën:

Hate mer 1989/1990 nach 22.630 Plainten oder Protokoller, esou as dat bis d'Jor 1996/1997 ëm 30% op 29.500 Dossierën eropgaangen.

D'Affäre vum Beziirksgeriicht hun ëm 20% an där selwechter Zäit zougeholl.

Wann och bis elo Effore gemaacht gi sin, fir d'Personal opzestocken, zum Beispill d'Magistratë vun 120 op 168 Leit, wat e Plus ausmécht vun 38%, de Personnel administratif vun 145 op 190 Leit, a wann och dës Regierung duerch d'Stëmme vun anere Gesetzer vill fir d'Justiz gemaacht huet, esou as dat hei dach awer d'Kärsäck, woumat eis Justiz besser ausgestatt a frësch motivéiert däärf gin.

Dofir géif ech Iech bidden, de Projet 4460 a sénger virgeluegter Teneur ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Laurent Mosar huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Damen an Dir Hären. Et as mer de Mëtteg eng ganz besonnesch Freed hei kënnen am Numm vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet Stellung ze huelen, dat ëmsou méi, wou ech duerch mäi Beruff méi oft an denen aktuelle Justizgebaier sin, an do scho säit Jore konnt konstatéieren, a wat fir engen deelweis extreem schlechte Konditiounen all déi Leit hir Aarbecht do musse verrichten, an dofir as et fir mech eng grouss Satisfaktioun, datt mer endlech haut kënnen iwwer de Projet vun där neier Cité judiciaire diskutéieren.

Erlaabt mer fir d'éischt am Numm vu ménger Fraktioun dem Rapporteur, dem Jean Schiltz, fir säin ausféierleche mëndleche wéi schrëftleche Rapport merci ze soen. Hien huet dat exellent gemaacht, notamment wat déi baulech Aspekter ubetrëfft, mat denen ech mech a méngen Ausféierunge weider nët esou wëll beschäftegen.

Ech wëll haaptsächlech op zwee Punkten agoen: fir d'alleréischt ganz kuurz den Historik vun dësem Projet beliichten, an dann e bëssen op d'Bedeutung vum Projet fir eist Justizwiesen am allgemengen agoen.

D'Gebai an deem zur Zäit d'Lëtzebuerger Beziirksgeriicht ënnerbruecht as, as sécherlech eent vun den eelste Gebaier vun eiser Stad. D'Geschicht vum ale Geriichtsgebai geet bis an d'Mëtt vum 16. Jorhonnert zrëck, an as zu deem Zäitpunkt vun de Gouverneure vun der Stad Lëtzebuerg als Residenz benotzt gin. Dëst Gebai war am Laf vun der Geschicht méi wéi eng Kéier zerstéiert gin an as erëm opgebaut gin, an entsprécht dofir och nët méi dene sécherheetstechneschen Ufuerderunge vun engem moderne Justizgebai.

Erënnere mer eis un de 24. Mee 1994, wou am fréie Mueren e Feier vu kriminellm Ursprung niewent de Büroë vun dem Untersuchungsrichter geluegt gin as, wou zwar konnt Schlëmmeres verhënnert gin, woubäi dach e grouss materielle Schued entstanen as, a wou ëmmerhin eng 80 Dossierë vun de Flamen zerstéiert goufen.

Een anere Problem vun eisen aktuelle Geriichtsinfrastrukturen as d'Verstreuung vun den eenzelne Servicer vum Geriicht, déi iwwer eng 10 Gebaier an der Proximitéit vum Beziirksgeriicht ënnerbruecht sin.

Am Laf vun de Joren as sech wuel beméit gin, fir déi eenzel Geriichter op engem Punkt an der Emgéigend vum heitege Beziirksgeriicht ze konzentréieren. Esou as d'Cour supérieure de Justice an de Parquet général, esou wéi d'Jugendgeriicht an de Gebailechkete vun der Côte d'Eich ënnerkomm. D'Friddensgeriicht as an der Rue du Nord installéiert.

Duerch d'Augmentatioun vun de Geriichtsaffären an dem zousätzleche Rekrutement vu Magistraten a vu Geriichtspersonal sin zousätzlech Raimlechkeete gebraucht gin. Well zu dësem Zäitpunkt keng eenheetlech Struktur bestanen huet, sin déi eenzel Servicer iwwer verschidde Gebaier verspreet gin. Esou as den Etat civil zum Beispill bis an d'Monterey-Avenue geplënnert gin. Dës Gebailechketen entsprechen awer nët méi de sécherheetstechnesche raimlechen a logisteschen Ufuerderunge vun enger moderner a gutt fonkctionnéierender Justiz. Doriwwer eraus sin déi meescht Gebaier an Infrastrukture verëelt an iwwerlaascht. Dëst huet dann och dozou gefouert, datt de 15. Juli 1988 den deemolege Justizminister d'Regierung opgefuerdert huet, d'Konstruktioun vun engem neie Justizgebai op den Ordre du jour ze setzen. No enger Planungsphas hu mir haut e Projet virleien, deen et eis erméigleche wärd, der Justiz adequat a modern Raimlechketen zur Verfügung ze stellen.

Wat d'Auswiel vum Site ugeet, esou stellt ee fest, datt déi nei Cité um Helleggeeschplateau gebaut gët, engem

Uert mat historéischer Vergaangenheet. Op deem Platu, dee ganz fréier Schadebuerg genannt gouf, huet d'Gräfin Ermesinde am Jor 1234 d'Abtei vum Hellege Geeschit opriichte gelooss. An der zweeter Halschent vum 17. Jorhonnert as dun de Site fir militäresch Zwecker benotzt gin. Am Jor 1687 as d'Abtei réquisitionnéiert an an eng Kasär ëmgewandelt gin.

Nodéems d'Abtei am Jor 1770 ofgerappt gi wor, gouf am Jor 1828 d'Citadelle vun der Stad Lëtzebuerg weider ausgebaut. Am Jor 1857 as op därer Plaz en Hôpital de guerre opgeriicht gin, eng Gebailechkeet an där haut den Nationalarchiv ënnerbruecht as. Am Jor 1862 as niewent de Vaubanskasären eng Reserv fir de Weess gebaut gin. Vun all dese Gebaier bestin der haut nach zwee, dorënner d'Vaubansgebaai, wou zur Zäit en Déeel vun der Enregistreméntsverwaltung ënnerbruecht as.

Dës esou wäit wat den Historik vum deem Site ubetrëfft, op deem déi nei Cité judiciaire soll entstoen. Ech wëll elo op mäin zwete Punkt kommen, d'Bedeitung vun deem Projet fir eist Justizwiesen am allgemengen.

An der Regierungserklärung vum 22. Juli 1994 hat eise Premier déi virangeg Bedeitung vum Bau vum enger Cité judiciaire ënnerstrach. A sénger Interventioun während enger vun de Kommissiounssitzungen huet de Procureur général d'Etat och klor gesot, datt de Bau vum enger Cité judiciaire zu engem bessere Fonkctionnement vun eiser Justiz wäird bäidroen. Ech wëll och un de Rapport vu méngem Fraktiounskolleg Lucien Weiler erënneren, dee ganz besonnesch a séngem Rapport op déi absolut Nécessitéit vun esou enger Cité judiciaire higewisen huet, an ech erlabe mer e ganz kuerz op deem Punkt ze zitieren: "L'adaptation des bâtiments aux besoins de la justice, le respect de la justice et l'accueil adéquat du citoyen au sein de la justice, commandent impérativement la construction de la cité judiciaire."

Zu de Viraussetzunge vun enger gutt fonkctionnéierender Justiz gehéieren awer niewent Infrastrukturen sécherlech och nach eng Rei vun anere Viraussetzungen. Eng alleréisch Viraussetzung as, datt mer déi richtig Gesetzer stëmmen, déi eis et erlaben, déi Justiz esougutt wéi méiglech auszeüben. Och op deem Punkt huet d'Regierung hir Haaptufgab erfüllt. Ech wëll drun erënneren, datt déi Gesetzer, déi d'Prozedure virun de Gerichter vereinfachen, dozou bäidroen wäerten, d'Délai vum den Affäre virun de Gerichter erfesetzen. D'Gesetz vum 11. August 1996 iwwer de Référé provision an och iwwer d'Mise en état wäerte sécherlech dozou bäidroen, fir des Délai wesentlech ze verkierzen.

Ech géif och direkt hei wëlle betounen, datt déi éischte Echoën, déi ech kritt hun, wat d'Mise en état ubetrëfft, déi sät dem 15. September 1998 a Kraaft as, am allgemengen äusserst positiv sin, an datt déi Mise en état sécherlech derzou bäidréit, fir eng besser Justiz a méi kuerzen Délai kënnen auszeüben.

Zu enger gutt fonkctionnéierender Justiz gehéiert och d'Astelle vun zousätzlech Personal. Och hei huet d'Regierung an dene leschte Jore wesentlech Effort gemaacht. Esou goufen zum Beispill am Zäitraum tëschent

1989 an 1997 46 zousätzlech Richter agestellt, an de Stand vum administrative Personal gouf ëm 45 Leit erweidert.

Nët zulescht gehéiert eng adequat Infrastruktur zu enger gutt fonkctionnéierender Justiz. Sät 1995 goufen hei vu Regierungssät grouss Effort ënnerholl, fir d'Informatioun vun denen eenzelne Gerichtsservicer virun ze dreiwien, a si esou och op déi nei Erausforderunge vun der Procédure de mise en état virzebereden.

Wat déi infrastrukturell Viraussetzunge vun enger gutt fonkctionnéierender Justiz ugeet, kënn dem Bau vun der Cité judiciaire an der Stad Lëtzebuerg sécherlech eng eminent wichteg Roll zou.

Déi nei Gebailechketen, déi um Helleggeeschtplatu zentraliséiert gi wäerten, wäerten denen nei secherheetescheschen, raimlechen a logisteschen Ufuerderunge vun enger gutt a modern fonkctionnéierender Justiz Rechnung droen.

Och si während der Planungsphas déi verschidden Autoritéite vun der Justiz konsultéiert gin, an hu sech generell iwwer d'Ausrichtung vum Projet an iwwer de Bau vun der Cité judiciaire kënnen zu Wuer mellen.

Wat déi raimlech Ausrichtung vun därer Cité judiciaire ugeet, esou gouf eis vum Procureur général d'Etat während enger vun eise Kommissiounssitzunge konfirméiert, datt de Projet och genuch Bürosraum virgesät. Doriwwer eraus huet de Justizminister d'Ausbaufäegkeet vum Site op dem Helleggeeschtplatu ënnerstrach.

Den zentrale Standuert vun der Cité an hir Proximitéit zu de Gebailechkeete vum Palais, der Regierung an der Chamber entsprécht deem héije Stellwäert, deen eis Justiz niewent dem Pouvoir législatif an dem Pouvoir exécutif an eiser Verfassung huet.

Mam Bau vun der neier Cité kréien eis Richter esou wéi eist Gerichtspersonal endlech déi néideg Raimlechketen an Infrastrukturen zur Verfügung gestallt, déi hinnen et och an Zukunft wäerten erlaben, ënner optimale Viraussetzungen hirer Aarbecht kënnen nozegoen.

Och soll duerch d'Schafe vun neien an der Zäit ugepasste Gebailechketen den Accueil fir de Justiciable wesentlech verbessert gin.

E gudd Fonkctionnement vun eiser Justiz ze assureieren, as eng permanent Erausforderung un eis Gesellschaft. Et wär falsch ze soen, datt mam Bau vun der Cité judiciaire alles fir de gudd Fonkctionnement vun eiser Justiz gedoe wir. Mir hun d'Aufgab och an Zukunft derfir ze suergen, datt komplizéiert a vereelt Gesetzer a Prozedure reforméiert gin, an datt eis Gerichter och an Zukunft iwwer dat néidegt qualifizéiert Personal an iwwer déi néideg Infrastrukture verfügen, déi hinnen et wäerten erlaben, eng optimal Aarbecht am Dëngscht vum Justiciable a vun eiser Gesellschaft kënnen ze realisieren.

Och soll de Projet iwwer de Bau vun der Cité judiciaire nët doriwwer ewechtäuschen, datt och nach aner Projeten a Realisatiounen ausstin, déi op e bessert Fonk-

tionnement vun der Justiz histriewen. Ech wëll hei jhust beispillsweis op d'Noutwendegkeet vun engem neie Gebai fir d'Escher Friddensgeriicht hiweisen.

Mat dem Bau vun der Cité judiciaire gët ee fir eis Gesellschaft wichtege Projet realiséiert, deen dem Stelwäert, deen d'Justiz an eiser Gesellschaft huet, Rechnung dréit.

Eis Fraktioun, déi d'Noutwendegkeet an d'Dringlechkeet vun der Emsetzung vun deem Projet deelt, wärd dann och dese Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Géigesaz zu méngem Virriedner, deen hei séng grouss Freed ausgedréckt huet iwwer d'Konstruktioun vun enger Cité judiciaire, hält méng Freed sech éischter a Grenzen, well d'Demokratesch Partei as net midd gin - scho säit 10 Jor op d'manst -, ze fuerderen, dass d'Lëtzebuerger Justiz déi adequat Raimlechkeet misst kréien, fir besser fonktiounsfäeg ze sin. Et as an dene leschte Jore ganz vill do ronderëmgedoktert gin. Ouni Zweifel sin eng Rei vu Verbesserungen, och un deem ale Palais de Justice ubruecht gin. De Stat huet an der Rue du Nord eng Rei vu Gebailechketen opkaaft, oder e Contrat de bail ofgeschloss. D'Situatioun as déi, déi mir elo kennen, an dofir as et wirklech net vu Muttwëll, dass déi nei Cité judiciaire gebaut gët.

Ech muss och soen - wa mer scho säit 10 Jor dat fuerderen, a grad wéi mäi Virriedner, ech selwer concernéiert an am Fong geholl condemnéiert sin, fir ëmmer dene Konditiounen ze schaffen -, dass ech souguer eng Zäitche op de Wee gaange sin, fir ze soen, ech géif keng gréisser baulech Projeté méi stëmmen, esou laang net d'Décsioun geholl gi wär, fir déi Cité judiciaire ze bauen.

Et kann ee souguer dëser Regierung net de Virwurf maachen, dass se dat endlech op de Wee bréngt, mä vläicht de Majoritéitsparteien, dass se dee politesche Choix hätte kënnen éischter huelen, fir et op den Instanzewee ze gin, esou wéi dat zum Beispill beim Musée Pei de Fall war. Mä dat si wirklech keng grouss Kriticken un d'Adress vun der Regierung.

Et as och nëmme normal, dass d'Justiz als drëtte Pouvoir am Stat, wéi se ëmmer bezeechent gët, elo déi adequat Raimlechkeet kritt, well den Exécutif schons Enn de 70er Joren net wäit ewech, op der Place Clairefontaine, d'Présidence du Gouvernement gebaut huet, wou den Exécutif déi Raimlechkeet kritt huet an och no baussen déi Prestance, déi e verdéngt. A mer wäerten am Laf vun deem Jor dem zwete Pouvoir, dem Pouvoir législatif, déi Raimlechketen zur Verfügung stellen, déi noutwendeg sin, fir dass d'Chamber kann a gudden Konditiounen siégieren. Et as also och nëmme normal, dass dat fir d'Lëtzebuerger Justiz geschitt.

Obschons ech elo net Member vun där zoustänneger Kommissioun sin, erlaben ech mer awer kurz am Numm

vun eiser Fraktioun op dese Projet vun der Cité judiciaire anzegoen, well mer alleguer - och mir als Professionnel - déi concernéiert sin - schons säit Joren drop waarden, dass d'Schaffensbedingunge sech verbessern.

Ech wëll awer och dem Rapporteur, dem honorablen Deputéierte Jean Schiltz, merci soë fir säin ausféierleche schréftlechen a bien entendu mündleche Rapport. Dese Rapport war esou komplett, dass ech net méi op all déi bautechnesch Detailer anzegoë brauch, wat et mer erlaabt mech op e puer wesentlech, oder wéinegstens a méngen A wesentlech Remarken ze konzentréieren.

Dass déi eenzel Corps de justice fir de Moment an zéng verschiddene Gebailechketen, an dëst ouni e Lien fonctionnel et organique, iwwer de ganzen Territoire vun der Stad Lëtzebuerg verdeelt sin, as eis alleguer bekannt. Wann dës Lokalisatioun sech duerch hire Caractère désordonné et plutôt improvisé charakteriséiert, dann as et méi wéi berechtigt, dass de Rapporteur hei vun engem regelrechte Patchwork schwätzt, deen den Exigence vun enger moderner Justiz net méi gerecht gët.

Dës Situatioun war scho laang bekannt, wéi de 15. Juli 1988 den deemolege Justizminister sénge Kollegen aus dem Ministerrot un d'Häerz geluegt huet, der Justiz, als drëtte Pouvoir am Stat, eng Infrastruktur zur Verfügung ze stellen, déi hirer Funktioun an hirem Rôle entsprécht. D'Exiguitéit, d'Vétustéit vun de Gebaier, hir geographesch Opsplitterung, an déi schwiereg Aarbechtsbedingunge vun de Leit, déi an der Justiz schaffen, ob dat elo d'Richter sin, d'Justizpersonal, d'Affekoten, oder d'Auxiliaires de justice, déi hun den deemolege Justizminister derzou beweegt, fir folgende Constat a sénger Missive un de Conseil des Ministres festzehalen:

"Finalement je voudrais relever que le prestige dont doivent pouvoir bénéficier les autorités judiciaires, exige que l'Etat mette à leur disposition un palais de justice moderne et fonctionnel, leur permettant de remplir à la satisfaction générale la mission leur confiée par la constitution et les lois de l'Etat." Dës Citatioun as aus dem Exposé des motifs.

Et huet awer bis de 25. Oktober 1995 gedauert, bis dass de Regierungsrot schliisslech d'Décsioun geholl huet, en neie Palais de justice op engem Site prestigieux bauen ze loossen. Mir wëssen, dass den allgemenge Prinzip as: Gottes Mühlen mahlen langsam, mä d'Mille vun der Regierung muelen nach heiansdo e bësse méi lues, well eréischt haut, de 17. März 1999, kann d'Chamber engem Projet de loi feu vert gin, deen d'Konstruktioun vun enger Cité judiciaire um Hellegeschplateau virgesäit. Et huet iwwer 10 Jor gedauert, ier no engem éischte Beschluss vun der Regierung e finaliséierte Projet konnt evaküiert gin. Dat as eng laang Zäit an erëm eng Kéier as d'Fro berechtigt, fir wat hei am Land d'Délaiën tëschent der Décsioun an der Realisatioun bei gewësse Projeten esou laang sin.

Als Site fir déi nei Cité judiciaire as de Plateau du Saint-Esprit festgehalen gin. Et kann ee sech awer déi berechtigt Fro stellen, ob dese Choix wirklech déi ideal Léisung as, oder ob net en anere Site vill besser ge-



wiescht wir? Effektiv werft eng Cité judiciaire um Kanounenhiwwel à court et à moyen terme eng Rei vu Problemer op, déi sech op enger anerer Plaz waarscheinlech net gestallt hätten.

Esou sin ech perséinlech der Meinung, datt e Site ...

(Interruption)

Et as jo nëmmen eng Meinung, et as net emol eng Kritik!

... vun der Cité judiciaire um Kiirchbiërg eng gutt Léiung gewiescht wär. Esou funktionnéiert schons elo de Tribunal administratif op eng excellent Manéier um Kiirchbiërg, a wann een do all Corps de justice op enger Plaz hätt kënnen an enger Cité judiciaire integréieren, dann hätt een d'Problemer vum Verkéier a vun de Parkplazen evitéiert, mat denen eng Cité judiciaire am Zentrum vun der Stad Lëtzebuërg Dag fir Dag konfrontéiert wäerd gin.

Och wann am Projet virgesinn as, datt e Parking vu 400 Stellplaze realiséiert gët, esou sin dovun awer nëmmen 100 Plaze fir de Public zougänglech. Wann da spéider de Gros vun dëse Plaze vun Dauerparker besat gët, da kreéiere mer en neien Engpass fir de Justiciable, deen op den Tribunal geruff gët, an do erschénge muss.

Eng Cité judiciaire um Kiirchbiërg, oder wéi vun der Stad Lëtzebuërg ursprénglech virgeschloen, op der Stäreplaz, dat wäeren och fir d'Zukunft ausbaufäeg Site gewiescht. Et kann ee mer natierlech virwerfen, datt et op der Stäreplaz nach méi laang gedauert hätt. Mä dat hätt awer vläicht dee ganze Projet vun der Stäreplaz aktivéiert.

Effektiv wäerd sech d'Fro vun engem Ausbau vun der Cité judiciaire fréier oder spéider stellen, woubäi d'Plaz, déi um Kanounenhiwwel fir eng weider Extensioun zur Verfügung steet, awer dach limitéiert as.

Am Exposé des motifs steet et an de Conseil d'Etat weist och drop hin, datt ee spéider souwéiso nach muss op d'Ausféierungsbestëmmungen an den Detail vun der Konstruktioun zréckkommen.

Well awer de Wonsch vun der Justiz selwer ausgaangen as, fir d'Cité judiciaire am Zentrum vun der Stad ze implanteren, well mer elo schon iwwer 10 Jor op d'Realisatioun vun dësem Projet waarden, a well all potentiell Site nei Nodeler an eventuell och Virdeler huet, kann a muss ech mat der Entscheidung, eng Cité judiciaire um Kanounenhiwwel ze bauen, liewen.

De Choix vum Site konditionnéiert awer och de Choix vun der Orientation urbanistique et architecturale vun der zukünftiger Cité judiciaire. Esou as zréckgehalen gin, datt ~~een Palais de justice~~ gebaut gët, mä en Ensemble vun aacht Gebaier, wou all Gebai fir sech eng funktionell an architekturel Entitéit duerstellt. Effektiv wir et schwéier gewiescht, e monumentaalt, monolithescht Gebai an d'~~Gesamtbild~~ vum der Alstad ze integréieren, déi 1994 als Patrimoine mondial vun der UNESCO klasséiert gouf. Esou as et méi einfach, fir en Ensemblen vun aacht méi

klenge Gebaier harmonesch an d'Silhouette vun der Alstad mat sänge Festungsiwwerreschter anzefügen.

Dëst gesot, kommen ech awer net dolaanscht fir e puer Froen unzeschneiden, déi dëse Projet, wann e finaliséiert gët, opwerft:

Ménges Wëssens no - an ech mengen de Rapporteur huet dat och virdru gesot -, as kee Concours d'architectes ausgeschriwwen gin a wann dat stëmmt, wat wäeren d'Grënn fir dës Virgehensweis?

Ech wëll och elo net de Mérite vum Architekturbureau a Fro stellen, mä firwat krut e Lëtzebuërger Architekturbureau den Opdrag dëse Projet auszuschaffen, wann dëse Bureau selwer net iwwer déi néideg Infrastrukturen a Moyenn verfügt, fir d'Realisatioun vu sengem Projet selwer ze suivéieren an ze iwwerwaachen?

Wéi as et mat der Fonctionnalitéit vun der Cité judiciaire? As déi garantéiert oder as et net esou, datt mir den aktuellen Zoustand vun engem Caractère désordonné et improvisé tëschent den eenzelne Gerichtsinstanz ganz einfach mat op de Kanounenhiwwel transplantéieren?

Woura läit de Caractère fonctionnel vun der sougenannter Tour des vents? Wat dréit dës architektonesche Entitéit zu der Fonctionnalitéit vun der Cité judiciaire bäi? Ech weess, datt do Schwieregkeeten wäeren. Do sin och Diskussiounen tëschent der Stad Lëtzebuërg an dem Ministère opkomm. Ech wënsche mir jhust, Här President, wat dëse spezifesch Punkt ubelaangt, datt eng Léiung tëschent den zwou Instanz fondeg gët.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng lescht Remarque wëll ech nach zum Finanzéierungsmodus soen. Dir wësst, datt de Finanzéierungsmodus och e Steckenpferd vun der Demokratescher Partei as. D'Cité judiciaire gët finanziert iwwer de Wee vun der Loi modifiée vum 13. Abrëll 1970 fixant les conditions suivant lesquelles le Gouvernement peut soit acquérir certains immeubles présentant un intérêt public, soit garantir le rendement et les charges locatives de tels immeubles.

D'Meinung vun der Demokratescher Partei as nach ëmmer déi, datt den eigentleche Geescht vun deemools vun der sougenannter Loi de garantie net méi gin as. De Sënn an den Zweck vum Garantiesgesetz wäeren fir iwwer dee Wee de Finanzement vun de Gebaier fir d'europeesch Institutiounen um Kiirchbiërg ze garantéieren, woubäi als Contrepartie d'Loyeré vun dëse Gebaier un de Stat gefall sin.

Dëst as awer bei dësem Projet net de Fall an d'Uwendung vun dësem Finanzéierungsmodus as insgesamt lieweg pervertéiert gin, well ee jo net erwarte kann, datt ee fir de Campus scolaire Geeseknappchen, fir de Centre d'Art contemporain oder och fir d'Cité judiciaire als Contrepartie e Loyer anzéie ka fir de Finanzement vun dëse Projéiten ze garantéieren.

All Projet, deen iwwer dëse Modus finanziert gët, bedeit, well et näischt anescht wéi eng verstoppte Staatsschuld as, eng weider Hypothék fir déi zukünftige Generatiounen. D'Demokratesch Partei hätt et vill léiwier

gesinn, wann de Projet vun der Cité judiciaire iwwer e Crédit budgétaire oder iwwer en ordinaires Emprunt finanziert gi wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuerger Justice brauch dréngend nei Infrastrukturen an den akute Plazmangel as zum Deel mat Schold um Arriéré judiciaire. Et dierf dach an engem moderne Stat - engem Rechtsstat - net sin, datt an der Moyenne en Délai d'attente vun 18 Méint vergeet, ier eng Affaire - bei verschiddenen Instanzen, bien entendu - virum Tribunal ka plädéiert gin. Wa sech d'Zuel vun den Affaires zënter den 80er Jore verdräifacht huet, weist dat dach ganz däitlech, datt den Zoustand, ënner deem eis Justice funktionnéiere muss, net méi tragbar as.

Wa mir elo der Justice déi néideg Infrastruktur zur Verfügung stellen, de Problem vum Plazmangel also léise wëllen, dann dierfe mir awer virum Problem vum Personalmangel d'Aen net verschléissen. Bien entendu as munches an de leschte Jore gemaacht gin. Mä Virriedner huet jo och drop higewisen, datt eng Rei vun neie Plazen opgaangen a Leit agestellt gi sin. Wa mir also eng Verbesserung wëllen, da solle mir et richtig maachen, an och an deem Punkt déi Schrëtt ënnerhuelen, déi sech opdrängen.

Här President,

- och wann d'Demokratesch Partei en anere Site preferéiert hätt, wéi zum Beispill um Kierchbiereg oder op der Stäreplaz, well mir op dene Plazen de Surcroît vu Circulation an de Surcroît vu Problemer bei der Parkplaz sich besser Meeschter gi wären;

- och wann d'Demokratesch Partei léiwer op en anere Finanzierungsmodus wéi dee vun der Loi de garantie zréckgegraff hätt;

- och wann d'architektonesche Ausrichtung vum Projet net déi glécklechst as an d'Funktionalitéit vum Projet vun der Cité judiciaire nach eng Rei Froen opwerft;

wäerd d'Demokratesch Partei matstëmmen, fir e Schlusstréch ënner déi onwiederdege Emstänn, ënner denen eis Justice schaffe muss, ze zéien.

Et as net normal, datt d'Regierung sech en Délai vun 10 Jor Zäit hält fir hei endlech Neel mat Käpp ze maachen an déi néideg Infrastrukturen ze realiséieren. An deem Kontext war et och richtig a wichteg, datt de Barreau des Avocats ëm seng Meinung gefrot gin as, an datt d'Commentairen an d'Virschléi vun dene Leit, déi herno do schaffe sollen, berücksichtegt goufen. Dat, wat mir elo hoffen, as, datt net erëm 10 Jor vergoe mussen, ier déi Cité judiciaire do steet a funktionnsfäeg as. Ech hoffen, datt ech och do eng Kéier méngem Beruff nogoen a plädéiere kann.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den nächste Riedner as den Här Mathias Greisch. Den Här Greisch huet d'Wuert.

**M. Mathias Greisch (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir dem Här Schiltz merci ze soen an him e Kompliment fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport ze maachen. An der Bautekommission as zimlech laang iwwer de Projet vun der Cité judiciaire diskutéiert gin. Mir haten dräi Sätzungen. An der éischter Sëtzung war de Procureur général mat dobäi. Et war eng länger Sëtzung an et as laang a breet iwwer de Projet geschwat gin. Ech wëll och contrairement zu aneren Aussoe soen, datt déi Responsabel vum Geriicht vun Ufank u beim Projet mat dobäi waren, wou et mat der Planung ugaangen as. Ech wëll och soen, datt an denen dräi Sätzungen, op alle Fall an där zweeter an an där drëtter, méi iwwer de Konzept an d'Architektur diskutéiert gin as. D'Fro déi sech hei gestallt huet, war ob ee sollt modern oder neoklassesch bauen.

De Problem vum Palais de Justice - et as och scho viru gesot gin - steet scho mindestens 15-20 Jor an der Diskussioun. Wéi soll dat net Geriicht ausgesinn? Wéi grouss soll et gin? Wouhi soll et gebaut gin?

Mir hun héieren, datt den Här Rippinger et léiwer op um Kierchbiereg oder op der Stäreplaz gesinn hätt. Schlussendlech as awer elo dës Site erausgesicht gin. Mir kënnen haut frou sin, datt endlech d'Realisatioun vun engem neie Geriicht an d'Rulle kënnt. De Plateau du Saint-Esprit schéngt do dee gënschtegste Site ze sin.

Um Ufank vun der Diskussioun a vun der Planung d'Fro: e monumentale Bau oder eng Cité? Do ware mir net dobäi, dat as eis jhust gesot gin. D'Cité as zréckbehale gin. Beispiller am Ausland hu gewisen, datt et e gudde Modell as, wou déi eenzel Gebaier oder Unitéiten op engem Site getrennt sin a ganz gutt funktionnéieren. Mä och d'Leit, déi dohi kommen, fanne sech méiglecherweis besser erëm, wéi wa si virum engem monumentale Bau stoe géingen.

D'Architekten sin d'Gebrüder Rob a Léon Krier, denen hir Renommée sécherlech net méi ze maachen as. Allerdéngs sin d'Menungen an d'Usiichten iwwer d'Konzept an d'Architektur verschidden, sief dat bei de Privatleut, de Politiker oder souguer bei den Architekten. Déi Kritik fënnt ee bei all Bau. Klor as, datt et Architekten gët - an d'Erfaarung huet dat geléiert - denen hiren Numm schon aleng eng Réussite as. Aneren hir Renommée sin eréischt no Jorzéngten unerkannt a gesi gin. D'Geschicht an d'Entwécklung hun hiren Numm gemaacht.

An der ganzer Welt gët et Wierker déi ee Numm hun, sief et, datt si vun engem an deem selwechten Architekt konzipéiert gi sin oder, datt dee selwechten Architekt a méi wéi engem Land gewësse Wierker realiséiert huet.

Hei as sécher keen Zoufallsprojet. Et as ee Programm mat engem urbanistesche Konzept, dee sech un de PAG un- an an den histoireschen Deel vun der Stad Lëtzebuerg erapast.

Et gët och keng grouss Aarbechtsmaschin entworf wou déi sozial Qualitéit vun den Aarbechtsplaze keng Roll spillt. Hei entsteet ee ganz neie Staddeel, eng Cité mat Gaassen, Plazen an Ecken.



Jidder Geriichtsbau huet séng Egenaart, fir nët ze soë säi perséinleche Look, mat Entréën, Trapenhäiser an Daachgestaltung, wou een ëmmer erëm nei Ausblécker op d'Alstad entdeckt, wéi se och am Projet beschriwwen sin.

Bei dësem Wierk vun de Gebridder Krier wäerd et leschten Enns keng Fro vum Stil oder Standard vum Modernitéit gin. Et wäerten eleng, wann d'Cité eemol fäerdeg as, eenzeg Froë vun architektonescher Qualitéit bis zum leschten Detail bleiwen.

Hei entsteet um Plateau du Saint-Esprit e monumentaalt Wierk, vläicht dat gréisste wat an dene leschte Joren iwwerhaapt gebaut gin as. Wann iwwerhaapt schon esou eppes Grousses gebaut gin as. Denen enge gefällt et, denen aneren nët. Ech huelen un, datt de Schäfferot vun der Gemeng Lëtzebuerg méi wéi eemol consultéiert gin as. D'Planung as dun an déi Richtung gelaf.

De Wandtuurm as en Element wat an de Programm vun den Architekten Krier passt. Ech géing souguer soen, datt dat en neit Wahrzeeche vun der Stad Lëtzebuerg kéint gin, mä awer sécher e Wahrzeeche vun der Cité judiciaire gët.

Ech wëll nach ee Wuert zu de Gebridder Krier soen. Déi hun a ville Länner gebaut an hiirt Kënnen ënner Bewäis gestallt, an dat an den USA, a Groussbritannien, a Frankräich, an Däitschland, an Éisträich, a Spuenien an och esouguer an de skandinavesche Länner. Dat hei as hiren éischte groussen Optrag zu Lëtzebuerg.

Op hirer Pressekonferenz den 20. Juli 1998 hu si sech begeschtert gewisen iwwer d'Qualitéit vun der Bausubstanz an dësem Deel vun der Uewerstad. Deemno kéim et bei hinnen och nët méi zu enger Widderhuelung vun urbanistesche Sënnen, déi och an der Stad Lëtzebuerg gemaacht gi sin.

Et gët an dësem Projet vill méi op déi traditionnell Formen a Materialien, wéi de Lëtzebuerger Sandsteen, en Element vun der nationaler Architektur, zréckgegraff.

Ech wëll nach eng Feststellung aus der Bautekommission ernimmen. Bei dësem Projet as d'Diskussion an déi entgéegengesate Richtung gelaf, wéi déi beim Musée Pei, wou versicht gin as fir deen ze verhënnern. Verschidde Leit hätte léiwer de Musée d'Art contemporain op där Plaz gehat. Elo kënt awer eng Cité judiciaire dohin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, plaz- a rauméisseg gët heimat eiser Administration judiciaire e groussen Déngscht geleescht. Endlech kréie si nei a modern Raumlechten, déi eng besser a méi angenehm Aarbecht méiglech maachen. De Procureur général huet dat an der Kommissioun och ervirgestrach. Et besteet och nach eng Ausbauméiglechkeet vum Projet vun 20%. Haut de Moien hu mir um Radio de President vum Tribunal d'arrondissement, den Här Gehlen héieren, dee ganz zefriede mam Projet vun der Cité judiciaire as. Hien huet gemengt, et kéint een unhuelen, datt dann de Besoin fir 50 Jor gedeckt wär. D'Fro vum Staatsrot, ob genuch Plaz

do as, as domat och beäntwert. Den Här Schiltz huet se och a séngem Rapport relevéiert.

Bei dësem Projet kréie mir elo 39.738 m<sup>2</sup> Plaz fir Bureauen an nët 31.070 m<sup>2</sup> wéi iirtümlecherweis am éischten Exposé des motifs stung. Duerno as déi Korrektur jo gemaacht gin. Hei gët et dann 8 verschidde Gebailechketen, wou all Gebai séng Form a säin egene Look huet. Ech glewen, datt déi Gebaier sech harmonesch un déi bestehend Gebaier upasse wäerten. Ech glewen och, datt de Projet vun der Cité judiciaire e weidere Plus un Attraktivitéit fir d'Stad Lëtzebuerg as an et wäerd herno och bestëmmt eng Sehenswierdegkeet gin.

Ech gin domat den Accord vun der sozialistescher Partei. Ech bidden d'Chamber dëse Projet ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Den Här Jacques-Yves Henckes als nächste Riedner agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dee Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, baséiert op enger Fuerderung an op enger Nécessitéit, déi scho virun 10 Jor erkannt gin as. 1988 as scho gesi gin, dass misst eng Cité judiciaire gebaut gin en vue vun enger considérable Augmentatioun vun den Affären.

Et as och klor, datt déi Noutwendegkeet, fir en neit Gebai unzegoen, sech och aus organisatoresche Grënn ergët. Wat notzt et, wann d'Regierung zousätzlech Richter asetzt, wa keng Säll zur Verfügung stin, fir d'Séancen ofzehalen? Dat eent geet mat deem aneren zesummen. Mir mengen och, datt doduerch, datt mir eng nei Cité judiciaire bauen, mir ganz vill administrativem Wirrarr kënnen entgéintwierken, an datt mer och méi Méiglechkeet schafen, fir organisationell méi effikass ze schafen. De Fait, dass och 440 Parkplaze virgesi sin, wäerd och derzou bäidroen, datt manch Problemer souwuel vu Säite vun dene Leit déi am Gerichtspalais schafen, wéi och vum Justiciabel kënne besser geregelt gi wéi bis elo.

Et muss ee bedauern, datt d'Justiz augenblécklech an der Stad op 10 Gebailechkeet verspreet as. Vum Prinzip hir kënne mir also zu deem Projet de loi, esou wéi en hei vun der Regierung virgeluegt gin as, eist vollt Averstännis gin. Ech wollt jhust eng Fro un d'Regierung stellen: Huet si schon Iddeën iwwer dat, wat soll mat deem abléckleche Gerichtsgebaier geschéien? Mir haten ee Moment d'Iddi fir eventuell dohinne de Pei-Musée ze setzen, mä ech gesinn, datt och do d'Décisionnen an der Tëschenzäit an eng aner Richtung gaange sin. Leider. Elo riskéiere mer, datt mer eng 10 Gebailechkeet kréien, dovunner eng ganz grouss, wou ech frou wir gewuer ze gin, ob d'Regierung sech scho Gedanke gemaacht huet, wat an déi Gebailechkeet soll kommen.

Déi zweet Fro, déi ee sech muss stellen, as: Wéi geet et weider? As dat hei jhust nuren e Projet, dee soll gestëmmt gi virun de Walen a wou herno keng Aarbechten duerchgezu gin? Ech wéisst gär vun der Regierung wéi

se sech praktesch an timingsméisseg wëllt uleën, fir datt dee Projet de loi hei nach virun de Wale kann offiziell ugaange gin.

Dee Problem, dee mer awer mam Gesetz hun, ergët sech aus den Artikelen 2 an 3 vum Text vum Projet. Et as de Recours op d'Loi de garantie. Här Minister, mir hun Iech gesot, datt mir kengem Projet de loi kéinten zoustëmmen, wou e Recours op d'Loi de garantie géif zrëckbehale gin, wann nët eng absolut Nécessitéit géing bestoen, fir op dee Wee ze goen. Dé absolut Nécessitéit besteet nët. Et kéint ganz gutt e Finanzement sin iwwer de Wee vun engem Crédit budgétaire respektiv iwwer en Emprunt.

Wat mer och bedauern, as, datt mer hei eng Cession vum Buodem musse virhuelen, fir deem Promoteur privé, deen dat hei soll bauen, eng zousätzlech Garantie ze gin. Och do si mer mam Conseil d'Etat d'accord, datt dësen Artikel nët opportun as, fir gestëmmt ze gin.

Dat Drëtt, datt mer musse soen, as, datt mer musse wëssen, datt all déi Projets de loi, all déi Konstruktione, déi iwwer d'Loi de garantie finanzéiert gin, kenger Kontroll jeglecher Aart vun der Chambre des Comptes ënnerleien.

#### *(Interruption)*

Dach, d'Chambre des Comptes huet eis dat schrëftlech matgedeelt. Dat eenzegt dat geschitt, as, datt se all Mount eng Ordonnance ze bezuele kritt, wou e Montant drasteet. Si huet nët d'Recht en Dekont ze gesinn op deem déi Ordonnance baséiert. Si huet keng Informatiounen iwwer de Kontrakt, deen à la base läit, an d'Informatiounen gin hir och nët zougestallt.

Ech gin zou, datt mer där Projets de loi an der Realitéit nach nët allzevill hun, mä déi puer, déi mer bis elo an der Exekutioun haten, hun eis gewisen, datt ablécklech keng Kontroll vun der Chambre des Comptes do as, an och an där Proposition de loi, déi vu 4 Parteien an och vun der Regierung virgeschloë gin as, iwwer d'Reform vun der Kontabilitéit vum Stat, sin och keng Modalitéite virgesinn, fir eng Kontroll ze maache vun der Exekutioun a vun den Devisen, déi mer hei stëmmen, wann d'Loi de garantie an Usproch geholl gët.

Aus dene Grënn wäerte mer ons bei dem Projet de loi enthalen, nach eng Kéier awer mat der Präzisioun, datt mer dem Projet en tant que tel onst vollt Averstännis kënne gi souwuel wat de Volumen wéi wat de Site ugeet.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin as d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRËNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Zwou Haaptfroë stelle sech bei deem Projet vu 4 Milliarden, dee mer haut virleien hun: Dat cent as d'Fro vum Site, an dat anert as d'Fro vun der Architektur.

Zum éischte Punkt, der Fro vum Site, stellt sech fir eis ganz klor de Problem vun der Fonktioun. Et as fir jidfe-

ree klor, datt d'Infrastrukture vum Justizwiesen dréngend musse verbessert an erweidert gin, an dass sech dofir en Neibau opdrängt. Andeems datt mer se awer op dëse Site setzen, deen hei ausgewielt gin as, schafe mer nach een administrativ Quartier mattsen an der Stad. E Quartier, dee waarscheinlech no 6 Auer relativ doudeg as.

Den Här Goebbels wäerd eis herno waarscheinlech äntwerten, dass duerfir méi Liewen an deem Deel vun der Stad wäerd entstoen, wou sech d'Gerichter aktuell befannen. Dat sin awer eigentlech och administrativ Gebaier, déi do eidel gin. Et wär jiddefalls interessant ze wëssen - an ech bedauern e bësschen, datt den Här Minister am Moment nët heibannen as - wéi eng Projeten eigentlech virgesi sin am Kader vum Fonds pour la rénovation de la vieille ville, fir dës Gebaier nei ze besetzen.

Et stellt sech och - an dat as hei schon ugeschnidde gin - de Problem vun der Ausbaufäegkeet vun deem Projet, dee mer hei virleien hun. Et gët gemengt, dat wir kee Problem, mir hätten 20% Réserve de capacité - sou kann een am Exposé des motifs noliessen - an et géifen och an denen nächste Joren nach weider Gebaier ronderëm fräi gin, zum Beispill d'Staatsarchiven. Et gin och nach aner Gebaier genannt. Do kann ee sech awer duerchaus d'Fro stellen, wéi schnell dës Gebaier iwwerhaupt kënne fräi gin, oder ob et fir déi Fonktiounen, déi am Moment do si wéi zum Beispill d'Archiven, schon Alternativstanduerter gët. Dat aktuellt Konzept, datt all Fonktioun oder Gerichtsbarkeit an engem präzise Gebai ënnerbruecht wär, gët op jidde Fall da schon a Fro gestallt, wa mer op deen do Wee gin, well da kënne mer déi Iddee am Fong geholl nët méi respektéieren.

Et as och schon opgeworf gin, datt mer méttlerweil schon en neit Gericht hun, dat nët méi an dësem Konzept kann ënnerbruecht gin an zwar den Tribunal administratif, soudass déi Entitéit, déi mer do wollte schafen, scho vu vireran nët ka realiséiert gin.

An enger Zäitschrëft, déi Forum heescht, as de Problem opgeworf gin, dass dat Konzept, esou wéi et am Ufank virgeluegt gouf, schon huet misse geännert gin, well et nët den Uspréich vu Sécherheet gerecht gin as: D'Pompjeesautoë wäeren nët duerchkomm, also huet de Projet missen ofgeännert gin. Et gesäit een, dass dee Konzept, wéi en am Ufank virgestallt gin as, enger ganzer Rei vu Gegebenheten nët onbedéngt Rechnung gedroen huet. Da kënnt derbäi - an do wäerd ech a méngem zwete Punkt nach méi genee drop agoen -, dass hei relativ pompös gebaut gët, an dass zum Beispill duerch d'Héicht vu verschiddene Säll, an duerch ganz verschwenderesch Entréen oder Trapenhaiser ganz vill Raum verluer geet, deen nët misst verluer goen a wou ee vläicht hätt kéinte méi rationell dermat ëmgoen.

Domat wär ech dann och beim Stil vun der Architektur ukomm. Ech zitëiere vläicht och aus deem Usproch, deen d'Gebrodder Krier hei hun: "Ces immeubles reproduisent le caractère des cités anciennes." Mol ofgesi vun där pompöser Iddee, stellt sech hei och d'Fro, ob dës Form adaptéiert as un d'Besoin vum enger moderner Verwaltung a vun enger moderner Justiz.

Mir wäerten hei och de Problem vum all Campus kréien, datt et vill Hin- an Hirgeleefs wäerd gin, och wann ee ka soen, dass mëttlerweil mat dene moderne Kommunikatiounsmoyenen esou Problemer sech vläicht nët méi esou stelle wéi dat fréier de Fall wor. Ee Problem kéint eventuell och sin, datt eenzel Gebaier zevill ausgelascht sin an anerer nët genuch, an datt insgesamt do wéineg Flexibilitéit méiglech as.

Zur Architektur as schon op ville Plaze Kritik geübt gin, zum Beispill wat déi Tour des vents betrëfft, déi keng reell Fonktioun huet, oder déi Verbindungsgalerie mat Arkaden tëscht dem Tribunal an dem Parking. Et kann ee sech och d'Fro stellen, ob e Jugendgericht, dat an enger Villa classique ënnerbruecht gët, onbedéngt sënnvoll as, an ob hautdesdaags Fassaden an Diecher onbedéngt an engem äusserst traditionelle Stil musse gehale sin, wou jo eigentlech an engem gewësse Sënn jhust nach e Stil nogemaacht gët, a wou keng egen Authenticitéit, keen egene Stil do as.

Den Architekturstil as iwwregens nët nëmmen am Public kritiséiert gin, mä och vu Leit aus alle Fraktiounen innerhalb vum Parlament. D'Mme Brasseur huet interessanterweis an der Kommissioun och d'Fro opgeworf, wéi et dann eigentlech mat der UNESCO wär, ob hei en Avis ugefrot gi wär, well dee Site jo zum Deel och ënnert de Schutz vun der UNESCO fällt. Et kann ee sech effektiv dann och d'Fro stellen, fir wat mer nët a Richtung gaange sin, fir e bëssche méi eng modern Architektur hei ze schaffen,...

(Interruption)

... déi sech duerchaus kéint integréieren. Ech denken hei zum Beispill drun, datt mer beim Nationalmusée éischer an déi Richtung gin oder och beim Stater Musée, an dass déi e bëssche méi progressiv - sou wëll ech dat emol nennen - si wéi dee Projet, dee mer elo hei virleien hun.

Den Här Scheuer huet an der Kommissioun drop higewisen, datt hei déi ëmgedreiten Diskussioun géif gefouert gi wéi déi zum Pei-Musée. Ech kann him do nët Recht gin, well d'Fro sech am Fong anescht stellt. Beim Pei-Musée as et u sech nët an éischer Linn ëm d'Architektur gaangen - d'Fro vun der moderner Architektur, déi mat der Architektur géif kombinéiert gin -, mä et as fir d'alleréischte ëm de Site gaangen, deen a Fro gestallt gin as, an ëm d'Idée ob ee kann e Konstmusée esou wäit aus dem Zentrum ewech installéieren. An zweeter Linn as eréischt iwwer d'Architektur geschwat gin.

Ech muss och do soen, datt ech - an do kann ech och fir méng Fraktioun schwätzen - eigentlech kee Problem hun, wa modern mat aler Architektur kombinéiert gët, wann domat nët déi al Architektur zerstéiert gët. Dat as fir mech ee vun dene wichtige Punkten. Beim Pei-Musée wor de Punkt grad deen, dass wéinst där neier Architektur Deiler vun där aller hu missen zerstéiert gin.

(Interruption)

Selbstverständlech, Här President, vertrieede mir och bei der Cité judiciaire de Standpunkt, datt dat nët däerf geschéien. Allerdéngs geschitt dat zum Deel hei och. Obwuel et sech ëm nogemaachten al Architektur handelt an och wann déi Bausubstanz, déi op deem Site zerstéiert gët, vläicht laang nët sou wäertvoll as wéi de Fort Thüngen, hate mer trotzdeem och scho Rieds vun engem Pärdsstall, deen zerstéiert gët, wou den Här Goebbels mengt, dee wär "bis in seine Grundfeste faul". Do hätt ech gäre gewosst, ob et dozou och eng wëssenschaftlech Analys gët, déi dat beleet.

**M. Robert Goebbels, Ministre des Travaux publics.** - Et reent emol eran, dat kann een de visu feststellen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Et gi warscheinlech relativ vill al Gebaier, wou et era reent,...

(Interruption)

...ouni datt domat hir architektonesch Substanz a Fro gestallt wär, Kathedralen zum Beispill.

(Interruptions)

Anerersäits stellt sech awer d'Fro, wat sech alles nach ënnert dem Buedem vun där Plaz fënt, déi mer elo oprappe gin an eng Äntwert op eng Question parlementaire vu méngem Kolleg Garcia huet jo och scho bestätegt, dass mer a Präsenz vu Vestigë vun engem ale Klouschter sin. An ech muss soen, dass mäi Vertrauen nët esou grouss as, dass da respektvoll wäerd mat dene Vestigen oder anere Saachen, déi do fond gin, ëmgaange gin.

Ee Punkt, dee vläicht e bësse méi en marge ka behandelt gin, as dee vum Parking, deen hei soll entstoen. Eiser Meinung no as deen extrem grousszügeg ausgeluegt a wéi ëmmer gët sech och hei ganz wéineg Gedanken ëm den öffentliche Transport an d'Ubannen un den öffentlichen Transport gemaacht. D'Hauptdiskussioun an der Kommissioun as haaptsächlech ëm d'Zuel vun de Stellplaze vun den Autoë gaangen.

Wann et ee grouse Virdeel vun deem Site gët, dann as et eigentlech deen, dass en esou zentral läit an dass een eigentlech nët op den Auto ugewisen as. Et as ee ganz no bei der Gare. Et firt e Bus 20 laanscht, esou dass een eigentlech grad hei kënnt an d'Richtung goë fir vläicht den Accès mam Auto nët esou einfach ze maachen.

En plus hu mer op där Plaz schon e Parking an d'Fro stellt sech also, ob et wierklech gerechtfertegt as, fir elo hei nach weider Verkëier unzézéien.

Ee positive Punkt wëll ech awer ervirsträichen. Dat as dee vun enger Centrale d'énergie, déi hei soll ënnerbruecht gin an déi och fir aner Staatsgebaier am Quartier soll genotzt gin.

Här President, ech kéim schon zur Konklusioun.

Mir si selbstverständlech als Gréng averstapan domat, dass hei eng grouss Drénglechkeet besteet an eng grouss Noutwendegkeet, dass d'Justiz besser Infrastrukture kritt. Mir mengen awer, dass et eng ganz Rei vun negative

Punkte bei der Form vum Projet gët an dass effektiv d'Fonktiounen hei der Form ennergeuerdnet gin, am plaz dass d'Form de Fonktiounen géif ugepasst gin an dofir wäerte mer eis bei dësem Vote och enthalten.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den nächste Riedner as den Här Jean-Pierre Klein. Den Här Klein huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mam Vote vum dësem Projet de loi geet e Wonsch an Erfëllung, op dee scho jorelaang vum de Justizautoritéite gewaart gët. Esou wéi haut d'Justiz funktionnéiert an dene verstëbstene Raimlechkeet kann ee verstoen, dass do eng grouss Onzefriddenheet herrscht an et as noutwendeg, dass nei Infrastrukture geschaaft gin, fir dass déi Leit an dene beschtméigleche Konditiounen kënnen schaffen.

Déi jetzeg Raimlechkeeten entspreche jiddefalls nët méi dene modernen Uspréech. Och wann ee gesäit, wéi déi Lokaler doruechter verspreet sin, wou d'Organer alleguer ennerbruecht sin, zum Beispill d'Cour de Justice am Eecher Bierg, d'Justice de Paix an der Rue du Nord. Ech brauch dat nët méi alles ze widderhuelen. De Rapporteur huet dat ganz däitlech hei ausgefouert.

Et as keen Zesummenhalt do. Déi eng sin op där enger Plaz, déi aner op enger anerer. Et as keng Kommunikatioun do tëschent de Geriichtsinstanzen. Et as och ganz onkamoud fir den Usager vum de Services judiciaires.

Dee Projet vum der Cité judiciaire, do wou se geplangt as gebaut ze gin, läit ganz gönschteg am Kär vum der Stad. Wat d'Architektur ubelaangt, géing ech och soen, dass se gutt integréiert wir an dat och par rapport zu der Alstad.

Ech sin och ganz frou, dass elo de Service d'Assistance sociale bei denen aneren normale Geriichtsinstanzen as. Och déi kënnen dann elo mat denen anere Services zesummeschaffen, wat sécherlech am Interesse vum den Délinquanten as, déi solle resozialiséiert gin. Dat gët méi eng effikass Aarbecht tëschent dem SCAS an zum Beispill der Exécution des peines.

Wann een de Projet kuckt, da gesäit ee wéi modern déi Raimlechkeet sin. Et as keen eenzege Block, deen zesummesat as, mä et sin e puer flotter Pavillonën. Et as ganz opgelockert an do léisst sech bestëmmt gutt dra schaffen. Ech sin och iwwerzeegt dovun, dass wann déi Raimlechkeet fäerdeg sin, se gutt équipéiert gi mat modernem Informatikmaterial, dass d'Verwaltung do och Satisfaktioun kritt fir nach besser ze schaffe wéi dat de Moment de Fall as.

Och fir d'Affekoten as et e ganz groussen Avantage. Déi si vum enger Plaz op déi aner gelaf, bal vum der Cour de Justice op d'Justice de Paix, vum der Justice de Paix op de Barreau asw. Si si wierklech am Dräieck gesprongen, fir op déi richteg Plaz ze kommen.

D'Mme Wagener huet elo gesot, dass nët virgesi wir, dass soll en Tribunal administratif dohinner kommen.

Ech weess nët, ob déi esou drop erpicht si fir dohinner ze kommen. Esou wäit ech weess, sëtzen déi jo ganz komfortabel um Kiirchbierg. Si hun och keng Ufro an deem Sënn gemaacht. Et as en aneren Ordre judiciaire an ech sin der Meinung, dass se um Kiirchbierg gutt Aarbechtskonditiounen hun.

Wat de Parking ubelaangt, esou as dat e ganz groussen Avantage fir déi Leit, déi do schaffen. Mir hun e Parking mat véier Niveauën. Dräi Niveauë si reservéiert fir d'Geriichtsinstanzen, fir d'Magistratur a fir d'Verwaltung an dee véierten Niveau as fir de Public, deen dann nobäi as, fir séngen Affären an der Justiz nozegoen a fir séng Geschäfte ze erledegen, déi en nach an aneren Deler vum der Stad huet.

440 Emplacementer, dat as nët wéineg.

Mir hun an de leschte Joren hei vill Reforme gemaacht wat dat Organesch vum der Justiz ubelaangt. Ech denken zum Beispill un d'Eropsetze vum der Zuel vum de Magistratën, awer och d'Afëierung vum der Mise en état an d'Erhéijung vum Taux de compétence vum der Justice de Paix, wat och dozou bäidréit, dass d'Affären an der Justiz méi séier erledegt gin.

Déi nei Infrastrukture wäerten och dozou bäidroen, dass méi schnell kann an der Justiz geschafft gin, ënnert bessere Konditiounen, wat alles am Intérêt vum Justiciable as.

Ech géing soen, dass déi nei Cité judiciaire ganz am Intérêt as vum engem moderne Justizapparat, vum der Justizverwaltung, vum der Magistratur a ganz besonnesch och vum de Justiciablen an ech géing d'Regierung félicitéiere fir dëse Projet de loi a ganz besonnesch de Bauminister an de Justizminister. Esou wäit wéi mer de Bauminister kennen, wäerd deen Damp derhannert maachen, fir dass d'Realisatioun esou séier wéi méiglech ugefaange gët.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als lescht Riednerin as d'Mme Lydie Polfer agedroen. D'Mme Polfer huet d'Wuert.

**Mme Lydie Polfer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hu prinzipiell zu deem wat den Här Rippinger am Numm vum onser Fraktioun gesot huet näischt bäizefügen. Mir stëmmen dee Projet, well mer iwwerzeegt sin, dass eis Justiz besser Konditiounen muss kréien, fir hir Aarbecht am Intérêt vum Buerger ze maachen.

Ech wëll jhust der Klorheet halber, fir dass nët herno gesot gët, Dir hut dat awer nët op der Châmbretribün gesot, e ganz kurze Rapport maachen iwwer déi effektiv laangjäereg Diskussiounen, déi mer mat dem Ministère des Travaux publics haten a wou effektiv eng Rei punktuell Problemer diskutéiert gi sin. D'Mme Wagener huet virdu vu Sécherheitsmoosname geschwat. Mir hun do relativ schnell en Accord fond. Dat sin nun eemol Saa-chen, déi fir jidderee gëllen an déi och fir dëse Projet gëllen.

Dee leschte Stand vun eisen Diskussioun geet zrëck op eng Diskussioun, déi mer de 27. November 1998 mat dem Här Minister vun den öffentliche Bauten haten, wou et ëm eng Rei Detailpunkte gaangen as, wéi zum Beispill d'Expression architecturale, mä wou mer, wann d'Exekutiounspläng kommen, mat den Architekten, hoffen ech op alle Fall, och do nach Léisunge fannen, mä wou ee Punkt awer zrëckbehale gin as a wou mer eis dee Moment eens waren, dass mer en och géife virleefeg zrëckstellen. Dat as dee vun der Tour des vents, déi nämlech vun all dene Kommissiounen, déi och um Niveau vun der Gemeng hiren Avis musse gin, wierklech a Fro gestallt gin as. Vü datt déi Tour des vents jo och nët eng essentiell Fonktioun an der Realisatioun vun där Cité judiciaire huet, war den Här Minister och dee Moment d'accord fir ze soen, dass een déi elo op alle Fall emol kënn ausstellen.

Ech wollt dat op dëser Tribün awer gesot hun, fir dass een eis nët kënn reprochéieren, mir hätten nët an aller Transparenz déi Décisiounen, déi mer zesumme geholl hun, hei duergeluegt.

Mir haten dee Moment och nach gefrot, dass ee misst - an den Här Minister war och d'accord fir eis dat zoustellen - den Impakt op de Monument du Souvenir national kucken. Jiddereen, deen dobaussen d'Maquette gekuckt huet, gesäit oder spiert, dass mer do effektiv ganz no kommen un eng Plaz, déi awer eng gewësse Serenitéit muss hun. Mir waren eis och do eens, dass mer op Grond vu Fotomontage géinge versichen eis méi e genau Bild ze maachen an, gegebenefalls, Adaptatiounen virzehuelen.

Mir gin eisen Accord zu engem Projet, deen der Justiz soll erlaben, ënnert bessere Konditiounen ze schaffen, mä deen hei Vote beinhalt jo nët de Projet de construction am Detail, wou mer bis elo am Gespréich nach op dene puer Punkte sin, déi ech Iech gesot hun, mä wou ech awer hoffen, dass mer zefriddestellend Léisunge fannen.

Merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Baute-minister Robert Goebbels.

**M. Robert Goebbels, Ministre des Travaux publics.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wann ech d'Debatten de Mëtteg hei richteg nogelauschtert hun, stellt keen d'Noutwendegkeet vun dësem Projet fir eng Cité judiciaire a Fro. D'Regierung kritt eigentlech nëmme virgeworf, fir wat déi Cité judiciaire nët scho laang gebaut as.

Ech muss Iech soen, deen Dossier Cité judiciaire huet mech beschäftigt vun dem Dag u wéi ech am Juni 1989 Baute-minister gi sin. Et gët iwwregens iwwer d'Noutwendegkeet vu besserer Raimlechkeet fir eis Geriichtsbarkete schon zënter Jorzéngte geschwat. Déi verschidde Justizministeren hun ëmmer nees frësch drop higewisen, dass een eigentlech misst nei bauen.

Dee leschten, un deen ech mech erënneren, war de Robert Krieps, deen dat 1987/88 gemaacht huet. Säin No-

folger, de Marc Fischbach, huet dat 1989/90 erneit gemaacht.

Wéi ech mech als neie Baute-minister dem Projet ugeholl hun, hun ech d'Verwaltung beoptraagt ze kucke wou et méiglech war en neie Palais de Justice ze bauen, well deemools hu mer vun engem Palais de Justice geschwat. An do sin och verschidden Etüde gemaacht gin. Et as gekuckt gin, ob ee kënn eng Implantatioun um Kiirchbiereg maachen, wéi dat hei vum Här Rippinger gefrot gin as. Zu Hollerech as e Site envisagéiert gin. D'Gemeng Lëtzebuerg hat och d'Place de l'Etoile virgeschloen.

Ech hun an enger éischter Phas deemools proposéiert, mir sollten en Neibau maache jhust fir d'Cour supérieure de Justice. Wa mer déi délagéiert hätten, dann hätten ee kënnen déi bestehend Gebailechkete vun eise Geriichtsbarkete progressiv an d'Rei setzen an notaiment och den Tribunal d'arrondissement nees do implantéiere wou en haut as, am Palais Berlaumont.

Déi Propos, déi ech 1990/91 gemaacht hun, as awer weder bei de Gerichter nach beim Ordre des Avocats op Géigeléift gestouss. Et sin deemools heftig Protester komm, souwuel vun de Riichter, wéi vun den Affekoten, déi gesot hun, et wir ondenkbar fir d'Cour supérieure de Justice ofzetrenne vum Tribunal, obwuel a Wierklechkeet haut d'Geriichtsbarkete schon op zéng, wann nët esouguer méi Gebailechketen an der Stad verstreet sin.

Och wat de Site ubelaangt, do hate souwuel den Ordre des Avocats wéi d'Assemblée générale vun de Magistrat ganz determinéiert Iddien.

Ech erënnere mech un eng Sitzung, déi den deemolege Justizminister Marc Fischbach an ech sefwer am Ministère de la Justice haten, wou mer mat 40, 50 verschidene Magistraten eng Diskussioun haten. Dat muss 1992 oder 1993 gewiescht sin. Déi hun eis uni sono gesot: Fir eis kënn nëmmen e Site a Fro an der Uewerstad, am historesche Quartier vun der Stad Lëtzebuerg. Mir representéieren den drëtte Pouvoir vum Stat a mir gehéieren an dee Quartier, wou de Staatschef as, wou d'Regierung sëtzt, wou d'Chamber sëtzt. Mir wellen nët op de Kiirchbiereg, mir wellen nët op Hollerech, a mir wellen och nët op d'Place de l'Etoile. An déi, déi an der Kommissioun waren, déi wëssen, dass de Procureur général de l'Etat dat virun e puer Wochen nach bestäet huet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech setzen Iech au défi, fir mir ee Site ze nennen an der Uewerstad, een eenzegen ausser dem Plateau du Saint-Esprit, dee grouss genuch as, fir dee Bauvolumen, deen eis hei imposéiert gët, ze emfänken.

Dee Site, dee fant Der nët an der Uewerstad, aus deem ganz einfache Grond, well an deem historesche Kär vun eiser Stad, wou nun eemol de Staatschef sëtzt, d'Parlament as, déi wichtegst Ministère sin, do gët et eng aner Méiglechkeet. Dofir hu mer eis misse konzentrieren op de Site Plateau du Saint-Esprit. An de Minister Fischbach an ech hun deemools derfir gesuergt, dass ee Comité d'accompagnement op d'Bee gesat gin as, deen de Projet sollt begleden. Do ware Vertrieder vum Ordre des

Avocats, vum President vun der Cour, vum Procureur général, Verrieder vun der Stad Lëtzebuerg, Verrieder vun de Bâtiments publics a vu méngem Ministère, an déi hun all zesumme mat denen Architekten, déi ech ausgewielt hat, versicht e Konzept ze erschaffen.

Elo gët mer dann heiandsdo dobausse gesot, et war e Feler, fir déi Architekten do ze beoptragen: d'Gebridder Krier. Ech wëll soen, dass ech zu deem Choix stin. D'Gebridder Krier sin déi Lëtzebuurger Architekten, déi international déi gréisste Renommée hun. Si si wéi all Architekten selbstverständlech ufeindbar a gin och heiandsdo ugefeind, mä et kann awer kee soen, dass dat nët Leit sin, déi keng Valeur intrinsèque hun, an déi nët och duerch hir Aarbechte bewisen hun, dass se international unerkannt sin.

*(Interruption)*

Si hun och grouss Projetë realiséiert, besonnesch de Robert Krier huet eng ganz Rëtsch esou Projetë realiséiert, an en as nach derbei der ze realiséieren, während effektiv säi Brudder Léon méi en theoreteschen Architekt as, mä déi zwee zesumme bréngen awer eng Valeur ajoutée, déi nët all Architektbüro bréngt.

Et as mir och virgeworf gin, mir hätte kee Concours d'architectes gemaacht. Sécher, e Concours d'architectes wär e Wee gewiescht, mä ech muss lech soen, a ménger Karriär als Baute-minister hun ech verschidde Concours d'architectes erlieft, an d'Resultat dervu war nët ëmmer iwwerzegend. Bei verschidde Concours d'architectes war de priméierte Präis herno nët auszuféieren, well en ze deier gi wär an och nët deem entsprach huet, wat eigentlech de Bauhär sech gewënnscht huet.

Erënnert Iech, et war zum Beispill um Plateau du Saint-Esprit e Concours d'architectes gemaacht gin, fir eng nei Châmber ze bauen. Och dee Projet as ni realiséiert gin, esou dass och de Concours d'architectes dofir keng Garantie ...

*(Interruptions)*

En as awer nët realiséiert gin. Dat as oft de Fall. Mir hun och de Concours d'architectes iwwer d'Altersheim um Houwald herno nët realiséiert, obwuel et e schéine Projet war, mä et huet sech erausgestallt, dass en ze deier gi wär.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Dat as awer keen Argument, fir géint de Concours d'architectes ze sin.

**M. Robert Goebbels, Ministre des Travaux publics.** - Loosse mer zrëckkommen zur Sérénitéit.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass ee Concours d'architectes engem nët automatesch dat Resultat bréngt, wat ee sech virdu gewënnscht huet. Ech mengen awer, dass et ee gudden Projet as, deen hei presentéiert gin as, an ech sin der Iwwerzeugung, dass mer herno wäerte gesinn, dass d'Gebridder Krier dat richtegt Architekturkonzept virgeschloen hun.

Sécher iwwer architekturel Stiler kann een diskutéieren an et huet och all Deputéierten d'Recht, fir eng egen Opinioun ze hun, mä ech sin awer iwwerzeegt, wa mer haut hei géife stoen, a mir géifen Iech e Projet de loi virstellen, deen e Palais de Justice géif virgesinn aus Glas a Beton, da géifen eng Rëtsch Leit opstoen a soen: Op esou engem historesch sensible Site as dat dach e Crime géint d'Architektur vun der Stad Lëtzebuerg.

Den Avantage vum Projet Krier as deen, dass mer ewechgaange si vum Palais de Justice, an dass mer an d'Richtung gaange si vun enger Cité judiciaire mat verschidde Gebailechketen, wou jidder eenzel Geriichtsbankeet hir egen Identitéit ka behalen. Eng Justice, déi offen as, wou d'Bürger dertëscht kennen zirkuléieren, wou d'Touriste kennen dertëscht spadséiere goen, an dee wonnerschéine Site, deen de Plateau du Saint-Esprit duerstellt, kënne besichtegen an doduerch daagsiwwer fir Animatioun suergen.

An där Optik as och d'Tour des vents vun den Architekten geduecht gewiescht. Et as a méngen Aen eng Proposition, déi valabel as, mä déi awer nët essentiell as, fir dee Projet ze realiséieren. An dofir hun ech der Mme Burgermeeschter och zougeséiert, dass wann d'Gemeng Lëtzebuerg déi Tour des vents nët wëllt, da gët se och nët gebaut, mä da muss mer eis awer eppes afale loossen, well op där Plaz kënnt am Moment de Lift aus dem Gronn eraus, dee selbstverständlech do bleiwe muss. Mä an där Form, wéi dat Gebai haut do steet, kann et nët stoë bleiwen. Ech hoffen am Laf vun den nächste Méint zesumme mat der Gemeng Lëtzebuerg eng vernünfteg Léisung ze fannen.

Et wär nach ganz vill zu dësem Projet de loi ze soen. Ech wëll mech awer relativ kuurz faassen, besonnesch och well den honorable Rapporteur, mäi Frënd de Jean Schiltz, ganz an den Detail gaangen as. Ech wëll en och vun dëser Plaz aus félicitéieren, esouwuel fir säin Asaz an der Kommissioun wéi hei virum Plenum.

Mir hu vun eenzelnen Deputéierten haut nach Kritiken héieren. Een Deputéierten huet eis gesot, de Parking, dee geplangt as, dee wär ze kleng. Een aneren Deputéierten huet eis gesot, et wär iwwerflësseg op där Plaz nach ee Parking ze maachen, well scho souwéissou een do wär. Dir gesitt, wéi schwéier et as, fir et jidferengem gerecht ze maachen.

D'Wourécht as déi, dass mer selbstverständlech Parkplaze brauchen, fir déi Leit, déi do schaffen, fir d'Riichter, fir d'Affekoten. Dofir gët dee Parking gebaut, an e gët ugeschloss un deen öffentleche Parking, deen elo schon do as, an deen ëm honnert Stellplazen erweidert gët, esou dass awer de Publikum, deen op d'Geriicht kënnt, iwwer 500 Stellplaze virfënt, déi nët mat Dauerparker wäerte besat gin, well dee Parking selbstverständlech payant as.

Ech wëll jhust ënnersträichen, dass déi Situatioun, wéi se sech an der Zukunft do wäerd presentéieren, eng grouss Amélioratioun as, vis-à-vis vun der Situatioun wéi se haut as bei der Cour supérieure a beim Palais Berlaumont. Do gët et iwwerhaupt keng Parkplazen, weder fir d'Riichter nach fir d'Affekoten, a scho guer nët fir d'Ju-



sticiabel. Dat heescht, et kënn eng gewaltig Verbesserung fir déi eng wéi fir déi aner.

Et gët mer och gesot, dee Projet hei wär net ausbaufäeg. Dat as richteg. Mir hu glécklecherweis eng Reserv agebaut par rapport zu de Besoinë vun haut vun 20 bis 25%. Ech si versicherteg, ech soen 20%, mä et gët awer an den Alentours immédiats vun der zukünftiger Cité judiciaire nach Auswäichméiglechketen, an de Rapporteur, den Här Jean Schiltz, huet déi schon ugedéit.

Déi wichtegst Reserv, déi mir hun, dat as dat därzäitegt Gebai vun de Staatsarchiven, e Gebai, dat iergendwann souwéiso muss anzwousch anescht ëmdirigéiert gin, well och d'Staatsarchiven haut schon e grouss Raumangel hun, a wou ech mir ka virstellen, dass eng nächst oder iwwernächst Regierung iergendwou e groussen Zweckbau mécht, wou een dann d'Staatsarchive kann ënnerbréngen. Da récupéiert een dat bestehend Gebai fir d'Gerichtsbarketen, wou een zousätzlech Büroën a souguer Salles d'audience ka maachen.

E weidert Gebai, dat kurzfristeg fräi gët, dat as d'Direktioun vun de Steieren, déi direkt derniewent um Plateau du Saint-Esprit as. Fir d'Steiere soll am Garer Quartier en egent Gebai gebaut gin. A wa Richard et Printz exekutiert as, da kënnen déi Büroën, déi vun der Chamber an der Rue du Saint-Esprit de Moment occupéiert sin, och récupéiert gin zugonschte vun de Richter.

Et gët där Méiglechketen nach vill, an dat alles op enger Distanz vu 50 bis 100 m zu Fouss, also eppes, wat absolut zoumtitbar as.

Nach e Wuert zum Thema Loi de garantie. Ech hu schon oft heibanne gesot, dass d'Zréckgräifen op d'Loi de garantie fir de Stat dee groussen Avantage huet, dass mer méi schnell könne bauen. Ech hu vun alle Riedner hei gehéiert, dass d'Besoinë vun der Justiz dringend sin, an och dringend sollen erfüllt gin. An den Här Henckes hätt souguer gäre gehat, mir sollten nach virun de Walen ufanken. Mä wann Der wëllt schnell bauen, da musse mer iwwer de Wee vun der Loi de garantie goen, fir dass mer e Maître d'œuvre kréien, deen d'Koordinatioun vum Chantier op eng Aart a Weis mécht, wéi de Stat se net ka maachen. Kuckt Iech wann ech glift déi Chantierën un, déi mer iwwer d'Loi de garantie finanzéieren, wéi zum Beispill de Campus Geesseknäppchen, wéi d'europäesch Schoul, wéi de Centre sportif et culturel um Kirchbiërg, da gesitt Der, wéi schnell déi Chantierë virugin, well se eie kënnen ouni déi schwéierfällg Prozedure gemaacht gin, déi de Stat nun eemol huet, woubäi awer d'Kontroll vun der Chambre des Comptes och gin as. Herno kënn selbsterständlech een Décompte, an deen Décompte, dee muss bis op de leschten Detail och mat der Chambre des Comptes ofgerechent gin. Dat wäerte mer mat Sécherheet och hei esou maachen.

E lescht Wuert zum Timing. Mir hu laang gebraucht, fir dese Projet duerch d'Prozeduren ze kréien. Dat huet dermat zesummegehaangen, dass vill Zäit verluergegang as iwwer d'Diskussioun vun de Siten: d'Lieblingsdiskussioun vun der Lëtzebuerger Politik. Et as och vill Zäit verluergegang bei der Déterminatioun vun de Besoinën.

An eréischt wéi mir een auslännesche spezialiséierte Büro ageschalt hun, deen eis Besoinë fir eng modern Justiz genau konnt definéieren, si mir op deem Gebitt virukomm.

Et as weider vill Zäit verluergegangen an den Diskussiounen mat der Stad Lëtzebuërg, déi hir ege Vuën iwwer dese Projet hat. Ech wëll d'Recht vum Schäfferot vun der Stad Lëtzebuërg net kontestéieren, fir dat Gebai ze jugéieren, mä ech hätt mir heiansdo gewënscht, et wär e bësse méi schnell a méi coulant gaangen.

Doduerch dass d'Chamber deem Projet de loi force de loi gët, kritt de Bauminister eréischt d'Kreditter, fir aus séngem Avant-projet sommaire en définitive Projet ze maachen. Mir kënnen elo eréischt all déi Etudes supplémentaires maachen, déi noutwendeg sin, fir herno déi définitiv Baugenemegung vun der Stad Lëtzebuërg ze kréien, fir de Maître d'œuvre iwwer eng Ausschreiwung auszesichen, a fir dann och d'Mise en chantier vun deem Ganzen ze maachen.

Dat dauert erfahrungsgeméiss 9 bis 12 Méint, soudass ech dovun ausgin, dass de Projet am Fréijor vum nächste Jor physesch wäerd ugoen. Mir hun awer d'Dispositiounen geholl, fir dass esou schnell wéi méiglech ka gebaut gin,...

(Interruption)

...à savoir well mer wéi gesot iwwer eng Promotion privée hei fueren, mä selbsterständlech ënner dem Contrôle vun de Bâtiments publics.

D'Gebridder Krier sin a bleiwen d'Architectes concepteurs vum Projet, d.h. si sin déi, déi d'Propriété intellectuelle vun deem Projet behalen an en och weider wäerte koordinéieren, mä mir hun awer iwwer en Appel de candidatures 5 Architektbüroë selektionéiert, déi eenzel Deler vum deem Projet herno wäerten an der Bauphas begleden, fir iwwer dee Wee dat Ganzt kënnen ze accélérieren.

Et as och eng Verdelung, wann Der wëllt, vun den Honorairen op méi Büroën. Mä virun allem gët eis dat d'Garantie, dass et mat dene verschiddene Gebailechketen - et sin der 8 am Ganzen - relativ schnell virugeet, an ech kéint mer och virstellen, vu dass do grouss Gebaier drënn sin, a méi kleng Gebaier, dass déi kleng Gebaier och könne progressiv vun der Justice de paix oder vum SCAS bezu gin, och wann op enger anerer Plaz d'Chantierën nach net ganz ofgeschloss sin.

Ech hoffen, dass mer et fäerdegréngen, dee Projet de loi an 3, spëtstens 3½ Jor ze exekutéieren, soudass d'Lëtzebuerger Justice ënner beschtméigleche Konditiounen ab dem Jor 2003 funktionnéiere kann.

E lescht Wuert iwwer dat, wat mat den därzäitge Gebailechkete vun der Cour supérieure de Justice an och vum Tribunal geschitt.

Dir wësst, dass d'Chamber d'Regierung autoriséiert huet, iwwer den Etablissement public Îlot Vieille-Ville, eng Restrukturatioun vun deem ganze Quartier virzehue-

len. Ménger Menung no - mä dat muss déi nächst oder souguer vläicht déi iwwernächst Regierung entschieden - kann ee mam därzäitege Gebai vun der Cour supérieure de Justice näischt méi ufänken! Dat gehéiert a méngen Aën ofgerappt, an da soll ee kucken, dass een op där Plaz do nees Wunn- a Geschäftsraum kritt, well et as deen Deel vun der Stad, wou effektiv esou eng Animatioun nees higehéiert.

De Palais Berlaumont, do wou haut den Tribunal as, muss selbstverständlech als Lieu public erhale gin. Mir hate jo ee Moment virgeschloen, dass d'Chamber sollt dohinner kommen. Dat as jo nët acceptéiert gin. Déi Iddi as domat och definitiv vum Dësch. Mä ech ka mer awer virstellen, dass eng nächst Regierung décidéiert, dass een déi eng oder déi aner Ministèren dohinner bréngt, well et en...

*(Interruption)*

Ech hu keng Ambitiounen, fir jee do ze residéieren, Här Grethen! Als Staatsministère, dat wär awer eng ganz flott Saach op där Plaz, well et as nämlech en immens flotte Site. Dir wësst jo och, dass mer de Gaart vum Tribunal deemnächst wëllen opmaache fir d'Visiteuren! Et as eng vun dene schéinste Plaze vun der Stad Lëtzebuerg, wou een och kann Touristen hibréngen.

Ech mengen, dat sin Décisiounen, déi ënner der nächster oder souguer der iwwernächster Regierung wäerte falen, wou mer awer selbstverständlech mat Zäite mussen ufänken ze diskutéieren, wat fir eng Destinatioun mer dene Gebailechketen do gin. Mä fir dat kënnen ze maachen, fir déi kënnen ëmzeänneren, musse mer fir d'éischt dese Projet de loi haut hei gestëmmt kréien, realiséieren, an da bleift nach Zäit genuch, fir de Rescht ze maachen.

Ech soen Iech merci.

**Des voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, haut as e groussen Dag fir d'Justiz,...

*(Brouhaha)*

...an dofir...

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- E Jorhonnertdag!

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Neen, mä et as e ganz groussen, well...

*(Brouhaha et interruptions diverses)*

Här President, kann ech schwätzen?

**M. le Président.**- Entschëllegt, jo! Loosst den Här Minister schwätzen, wann ech gelift!

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Erlaabt dofir deem, deen zoustänneg as fir d'Organisation judiciaire an der Regierung, séng Satisfaktioun auszedrécken, dass dat, wat hei zënter Jorzénge gefuerdert gin as, no vill Viraarbecht, déi den Här Bauteminister hei erklärt huet, zu engem Enn kënnt, an et as och d'Satisfaktioun, fir feststellen, dass sech heibanne kee fond huet, dee sech géint dee Projet hei ausgeschwat huet. Och dat, mengen ech, as, fir esou e grouse Projet, dee wesentlech as fir ee vun de Pouvoire vum Lëtzebuurger Stat, deen eng Regelungs-fonktioun an der Gesellschaft huet, an enger adequater Infrastruktur ze logéieren, bemierkenswäert.

Et as, géing ech soen, wann een des Legislaturperiod kuckt, am Justizwiesen am Fong eng infrastrukturell Kroun, déi mer opsetzen op dat, wat am Justizberäich geschitt as.

Mir hun um institutionelle Plang an deser Legislaturperiod d'Verwaltungsgerichtsbarkeit an d'Verfassungsgericht agesat. Mir hun, wat de Contenu vum Justizwiesen ugeet, Wesentlech gemaacht, an ech erënneren do nëmmen un d'Mise en état, un d'Kompetenz vun de Fridensriichter, déi erweidert gin as, un dee Projet vun der Médiation pénale, dee mer hei déposéiert hun an an denen nächste Wochen hoffentlech ka gestëmmt gin, un déi wesentlech Efforen, déi am Staatsbudget an dene leschte Jore gemaacht gi sin, fir d'Informatioun vun der Justiz virunzedreien.

Et as ganz klor, dass, wann een eppes um Contenu, um institutionelle Plang mécht, een dann och uerdentlech Gebaier brauch, an denen déi Leit, déi mat der Justiz ze doen hun an d'Justiz spriechen, kënne richteg logéiert gin. Et as och dofir, wou ech als Justizminister frou sin, dass d'ganz Famille judiciaire an deem Gebai Plaz fënt, d'Riichter, de Parquet, de Barreau, de SCAS. Alles, wat domat zesummenhängt, fënt séng Plaz an där neier Cité judiciaire. An et muss ee wëssen, dass mer haut an der Justiz 528 Leit schaffen hun, wat eng relativ grouss Zuel vu Leit as, fir deen Apparat kënne funktionnéieren ze doen, an et as ganz klor, dass déi Leit och Büroën, Salles d'audience an aneres brauchen, fir kënne uerdentlech ze schaffen.

Et stellt ee fest, dass an dene leschte Joren och hei Wesentlech gemaacht gin as. Wann een d'Zuel vun deem Personal kuckt, wéi massiv dat an 10 Jor gewuess as: D'Riichtierzuel huet an 10 Jor ëm 38% zougeholl, déi vum Personnel administratif ëm 31%. Och hei as also vill an dene leschten zwou Legislaturperiode geschafft gin. Dat as och noutwendeg, well d'Zuel vun den Affären, déi virun de Gerichter virkënnt, op eng impressionant Aart a Weis klëmmt, jo souguer, géing ech heiansdo soen, op eng bal beängschegend Aart a Weis, an et muss ee sech d'Fro stellen, firwat dat esou as.

De Parquet huet d'lescht Jor, am Gerichtsjaar 97/98, 32.000 Affären erakritt. Dat Jor virdru waren et der 27.500. 4.500 Affäre méi um Parquet an engem Jor, dat as eng relativ inquiétant Zuel, wou ee sech ka Froen driwwer stellen!

D'Leit froen och déi aner Justiz ëmmer méi un. D'zivil an d'kommerziell Affären huelen enorm zou. Ech stelleri och fest, datt d'Zuel vun de Jugementer, déi gesprach gin, Gott sei Dank och zouhëlt, mä mir all mussen eis d'Fro stellen - och d'Leit musse sech déi Fro stellen -, firwat ëmmer méi Appel un déi Justiz gemaacht gët. Do stellt een och vläicht fest, firwat d'Leit d'Justiz oft kritiséieren. Et as eng gewëss Kontradiktioun!

Si kritiséieren ëmmer d'Justiz. Dat kënnt zum Deel och dohir, datt an all Prozess ëmmer ee verléiert an dann doduerch onzefridden as. Op där anerer Säit awer hëlt d'Zuel vun den Affäre permanent zou. Also brauchen d'Leit, brauch de Stat e Regelungsorgan, fir d'Sträitfäll tëscht de Leit ze tranchéieren.

Elong am Justizjor, wat op en Enn geet, sin an zivilen an a kommerziellen Affären an der Stad 7.250 Jugementer gesprach gin. Wann ech kucken: virun 10 Jor waren et nëmme 5.800 Jugementer. Och do gesäit een, datt enorm vill Aarbecht vun dene Riichtere bewältigt gët, ënner nët ëmmer einfachen Ëmstänn, an och dofir soll een hinne fir déi Aarbecht, déi gemaacht gët, dankbar sin.

Wéi gesot, elo komme Gebaier, déi dohinner gestallt gin. Et kann ee mat deem Stil d'accord sin oder nët. Souvill Riichteren an Affekoten, wéi ee freet: Déi eng fannen et schéin, déi aner fannen et nët schéin! Dat as wéi bei all Gebai, wat gebaut gët. Positiv awer, mengen ech, as, datt hei nët ee grousst Gebai gebaut gët, wou all Mënsch sech dra verléiert, mä datt eng gewëss mënschlech Dimensioun do gehale gët, datt d'Leit sech erëmfannen.

Mir wäerten dofir suergen, wa mer dat Gebai emol eng Kéier do stoen hun, datt och bannendran déi Organisatioun esou klappi, datt d'Leit Ulafstelle fannen, fir sech nët an der Justiz, wou se mat engem gewëssenen Onbehagen hikommen, well se an eng Affär eragin, wou se an enger Straitsituatioun sin, ze verléieren, datt et also och eng Informatioun fir déi Leit gët, déi dohinner kommen, datt et richteg Hiweiser muss gin, datt et och muss fir déi, déi d'juristesch Aktualitéit suivéieren, also fir d'Press, déi adequat Infrastrukturen a Moyenné gin, fir kënnen déi Aarbecht, déi se am Kontakt tëscht dem 3. Pouvoir an de Buerger maachen, richteg ze maachen.

Alles dat wëlle mir maachen, wann déi Infrastrukture bis do stin, a wann ech als gutt Omen déi vill Aarbecht kucken, déi an denene zwee Ministère vun de Bauten, virun allem, a vun der Justiz an dene leschte Méint, an dene leschte Jore fir de Contenu vun deem Projet gemaacht gin as, da sin ech dovun iwwerzeegt, datt dës Gebai an e puer Jor kann do stoen an zur Satisfaktioun vun all denene, déi dora schaffen, déi mussen a wëllen dohinner kommen, funktionnéieren.

An deem Sënn wäerd mäin éischte Saz, deen ech gesot hun, dann och elo nët méi op Widderstand stoussen, nämlech datt dat heite wierklech, wann dee Projet dann elo sollt gestëmmt gin, e groussen Dag fir d'Lëtzebuerger Justiz wäerd bleiwen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien!

**M. le Président.-** D'Diskussioun as elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4460 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwer de Projet de loi 4460.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sin, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi as ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. François Biltgen (par Mme Romi Bruck-Roth), Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Nicolas Estgen, Pierre Frieden (par M. Willy Bourg), Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung (par M. Marco Schank), Norbert Konter (par Mme Marcelle Lentz-Cornette), Mme Marcelle Lentz-Cornette, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Alphonse Theis et Lucien Weiler (par M. Alphonse Theis);*

*MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mathias Greisch, Jean-Pierre Klein, Roger Klein (par M. Jean Schiltz), René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer (par M. Jean-Pierre Klein), M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer) et Marc Zanussi (par M. Mathias Greisch);*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger), Théo Stendebach (par Mme Agny Durdu) et Carlo Wagner.*

*Se sont abstenus: M. Nicolas Strotz;*

*MM. Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagner.*

Gët d'Chamber d'Dispens vum zwete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et as also esou decidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, de Projet loi 4495 iwwer d'Vergréisserung vum

Centre pénitentiaire vu Giwenech. Et hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Strotz a Wagner, d'Mme Wagener an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, den honorablen Här Jos Scheuer.

#### **4. Projet de loi 4495 relatif à l'extension et la remise en état de certains bâtiments du Centre Pénitentiaire à Givenich**

*Rapport de la Commission des Travaux publics*

**M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun der Cité judiciaire féiert et logescherweis ganz oft an de Prisong.

*(Hilarité)*

Dës Kéier fuere mer da vun der Cité judiciaire op Giwenech. Déi zwee Gesetzesprojeten hänke sinnegerweis och nach chronologesch direkt een hannert deem aneren.

Mir hun zwee Prisongen hei zu Lëtzebuerg, een zu Giwenech an een zu Schraasseg. Zu Schraasseg hu laut Statisticken am Jor 1998 388 Gefaangener hir Strof ofgesiess an zu Giwenech waren 89 Leit inhaftéiert. Déi total Kapassitéit zu Giwenech 1998 waren 99 Gefaangener, déi do hätte kënnen ënner Daach kommen.

Wann een op Giwenech fiert, da fiert ee laanscht de Prisong an da stellt ee fest, datt dat eng Aart Bauerenhaff as, wou vill Leit aus- an agin. Et hale sech vill Leit dobannen op an et as e Prisong, wou Autoen am Haff halen, Autoën déi eraus- an erafueren, Maschinnen, déi do zirkuléieren. Ronderëm de Prisong gët et eng Mauer, mä et gët kee pickechen Drot. De Prisong vu Giwenech as en oppent Haus an et muss ee schon, wann een dee Projet hei virstellt a kommentéiert, de Strofvollzuch zu Giwenech e bëssche belichten.

E wichtegt Gesetz fir de Lëtzebuurger Strofvollzuch war d'Gesetz vum 26. Juli 1986. Duerch dat Gesetz huet de Procureur général respektiv säin Délégierten oder e Juge d'Recht kritt, fir e Choix ze maachen ënnert de Veruerteelten. Hie konnt eng Selektioun, en Tri maachen, fir se en semi-liberté an e Prisong ze iwwerweisen, fir d'Exekutioun vun hirer Strof ze fractionnéieren, fir hinne Congé pénal ze gin oder fir d'Stof opzeschuppe respektiv fir se virzäitig fräizegin. Dat war fir de Lëtzebuurger Strofvollzuch schon eng Neierung.

Fir awer esou eng Selektioun ze maachen, muss den Délégierte vum Procureur iwwer Kritäre verfügen. Déi Iwwerweisung op Giwenech bedeit ëmmer e psychologeschen Akt, deem op enger psychologescher Basis muss geschéien. D'psychologesch oder d'philosophesch Basis dovunner as déi hei: Nët all Veruerteelten as e Kriminellen, deem een aus der Gesellschaft eliminéiere muss; nët all Veruerteelten as e Kriminellen, deem eng Gefor fir éiweg an ëmmer fir d'Gesellschaft duerstellt. Dat heescht, datt aus där do Philosophie eraus d'Ausféierung vun de Strofen ëmmer méi subtil, ëmmer differenziéiert muss sin. D'Ausféierung vun de Strofen as eng Kombinatioun vu Fräiheitsentzuch mat disciplinäresche Moossnamen, mat streng geregeltem Liewensrhythmus, mat edukativen a pedagogesche Mesüeren.

D'philosophesch Basis vun dëser Aart a Weis, fir de Strofvollzuch as déi hei: Et as eng positiv Haltung vis-à-vis vun dene Veruerteelten. D'Prisongsstrof gët opgefaasst als eng Méiglechkeet, fir d'Leit opzehalen, fir se spéider, nodeems se hir Strof ofgesiess hun, erëm an d'Gesellschaft anzegliedderen. Dat heescht de Strofvollzuch däerf nët zu enger Desozialiséierung vun den Delinquente féieren.

Oder awer - an dat as déi zweet Méiglechkeet - de Prisong schaaft d'Méiglechkeet, datt deen, deem haut asetzt, muer nach d'Chance huet, fir zu engem vollwäertege Member vun der Gesellschaft ze gin. E vollwäertege Member vun enger Gesellschaft gin, dat heescht sech integréiere kënnen an d'Berufsliewen, dat heescht domat och selbstänneg fir sech suergen ze kënnen, dat heescht sech integréiere kënnen an e Familjeliewen, dat heescht sech integréiere kënnen an d'Gesellschaft mat all hiren Zwäng, mä och mat all hire Fräiheten, déi een notzen an déi ee mëssbrauche kann.

Ech wollt Iech aus enger Rekommandatioun virlesen, déi de Conseil de l'Europe 1987 gemaacht huet. E seet, datt an engem Prisong eng Serie vu Kompetenze muss vermëttelt gin an zwar nennt hien déi folgendermoossen: "Des compétences qui les aideront à se réintégrer dans la société, de vivre dans la légalité et de subvenir à leurs propres besoins après leur sortie de prison."

Den Delinquent steet also am Prisong ënner Tutelle, mä mer sin domat wäit ewech vum Gesetz vum Talion, deem biblesche Prinzip laut deem deen, deem en A ausgestach kritt huet, och d'Recht kritt, deem aneren d'A auszestiechen, "Auge um Auge, Zahn um Zahn".

*(Interruption)*

Et as dat aalt Testament, seet d'Mme Lentz. Dat stëmmt. D'Gesetz vum Talion gët nët zu Lëtzebuerg applizéiert, mä awer nach zum Beispill an den USA...

*(Interruption)*

...an an Albanien. Dat as déi Exekutioun, déi eis am déifsten, mengen ech, revoltéiert an déi zu dene weltwäite Protester gefouert huet, déi mer an dene leschten Deg kannt hun.

D'Bedingungen, d'Viraussetzung fir esou eng Exekutioun vum Strofvollzuch sin natierlech och gin. Den Delinquent däerf keng Gefor fir d'Gesellschaft duerstellen. Mir kéinten hei och d'Diskussioun iwwer d'Rechter vun den Affe féieren an iwwer de Misère, deem déi erlidden hun. D'Gesellschaft an d'Victimen hun e Recht op Schutz a virun allem müssen déi Leit, déi an en oppene Strofvollzuch kommen, och de Wëlle weise fir sech ze fügen.

D'Konsequenz, déi sech dorausser ergët, as, datt mer Mëttelen an Instrumenter brauchen, fir déi Leit op dee Wee ze bréngen, dee mer virgezeechent hun. Mir brauchen Instrumenter fir en oppene Strofvollzuch esou ze vollzéien, datt e Succès huet. Mir brauche sozial Betreierung, mir brauche Psychologie, mir brauche Psychiatrie a mir brauche virun allem - an ech leën do en Akzent